

Dofir géing ech awer en Appel maachen, wann ech glift, et sinn heibannen esou vill Leit, Deputéierten, déi och an de Gemenge Responsabilitéiten hunn, Här President: Kommt, mir ginn dem Här Krecké eng Chance, fir en neien Text ze redigéieren, dass d'Gemengen expressis verbis eraus sinn, an da stëmme mer deen Text hei unanimement. Dann hu mer dach eppes ganz anescht erschafft en fin de législature wéi dat, wat mer elo op eemol en ordre dispersé maachen, well ech sinn iwwerzeegt, dass an der CSV, wa mer deen Text hei ofstëmme, och net jiddereen dofir stëmmt - och déi Leit, déi an der Gemeng sinn, genau wéi a menger Fraktioun. Dann hu mer dach näischt erschafft!

Kommt, den Här Krecké huet gudde Wëlle bewisen, doduerjer datt e gesot huet, mir redigéieren en Text, wou d'Gemengen eraus sinn. Da kommt, mir maachen dat, an da stëmme mer en à l'unanimité an dann hu mer eppes anescht erschafft wéi esou.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Also, hei ass eng Proposition, déi elo gemaach ass gi vum Här Ripinger. Mir stëmme of.

Vote

Wien ass d'accord mat där Proposition vum Här Ripinger, deen hieft d'Hand an d'Luucht.

Et geet drëm, en neien Text ze proposéieren.

Wien ass dergéint?

Jo, ech stelle fest, dass d'Mehrheet fir d'Proposition ass.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- D'Majoritéit ass fir d'Proposition vum Här Ripinger a vum Här Krecké.

M. le Président.- Da gëtt den Text ausgedeelt. Da komme mer herno nach eng Keier drop zrëck. Domadder ass dee Punkt elo ofgeschloss an ech géing lech bieden elo nozelauschteren, esou dass mer eisen Ordre du jour gemaach kréien.

Mir kommen elo zur Diskussion vum Projet de loi 5147 iwwert den Droit d'établissement. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et sinn agedroen déi Härn Hauptert, Krecké, d'Madame Beissel, déi Härn Henckes, d'Madame Wagener an den Här Scheuer. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement.

Dir Dammen an Dir Härn, ech géing lech bieden e bëssen opzepasst!

3. 5147 - Projet de loi modifiant

1. la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales;

2. le Code des assurances sociales

Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Härn, d'lescht Woch hu mer hei an der Chamber d'Gesetz iwwert d'Loi-cadre des classes moyennes gestëmmt, sécherlech e wichtegt Gesetz zu Gonschte vum Mëttelstand hei zu Lëtzebuerg.

(Coups de cloche de la Présidence)

An der Regierungserklärung vum 1999 ass ugekënnegt ginn, datt d'Regierung och am Domän vum Droit d'établissement aktiv wëllt ginn, an dat dofir zoustännegt Gesetz reforméiere wëllt. E Gesetz, wat zënter 1988 déi verschidden Aktivitéiten an Autorisatiounen am Beräich vum Handwierk, vum Handel, der Industrie a vum de liberale Beruffer definéiert an och enca-dréiert huet.

(Interruptions)

M. le Président.- Här Clement, haalt ee Moment op mat schwätze bis déi Härn an déi Dammen sech ausgeschwat hunn. Déi schénge wichteg Saachen ënner sech ze schwätzen ze hunn. Esou kënnen mer op jidde Fall net weiterfueren.

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Dës Reform soll elo mat deem virleiende Gesetzesprojet ëmgesat ginn.

Här President, bei der Ausaarbechtung vum deemem Projet de loi huet de Mëttelstandsministère am Virfeld all déi concernéiert Organisme konsultéiert an och an d'Diskussioune mat ageschalt. D'Chambre des Métiers, d'Chambre de Commerce, d'Chambre de Travail, d'Chambre des Employés privés an den Ordre des architectes et des ingénieurs-conseils hunn hir Avisen duerno nom Dépôt vum Gesetz erageschéckt.

(Coups de cloche de la Présidence)

Aus Eegeninitiativ an och op Basis vun deenen eenzelnen Avisen huet d'Commission des Classes moyennes an enger éischter Serie net manner wéi zéng Amendementer virgeschloen. Esou konnt de Statsrot, wou e säin Avis ausgeschafft huet, den Avisé vum de Beruffschamberen an den Ännerungsvirschléi vum der Kommissioun och Rechnung droen.

An darselwechter Kommissioun hu mer eis während 13 Sitzunge mat deemem Projet befaasst, jeeweils och a Presenz vun de Responsabelen aus dem Ministère des Classes moyennes. D'Kommissioun huet mech den 21. Juli 2003 zum Rapporteur vum deemem Projet de loi genannt an huet wéi schonn gesot während dese Sitzungen eng ganz Rei vun Amendementer presentéiert, vun deenen dann och zum Schluss e gudden Deel den Accord vum Statsrot fonnt hunn.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Awer net all.

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Neen, net all, Här Scheuer.

(Interruption)

Et ass zwar schued, dass en se net alleguerte konnt unhuelen, mä ech schwätzen elo net vun den Amendementer. Ech kommen herno nach dorop zrëck.

D'Chamber ass haut, wéi scho gesot, mat engem äusserst wichtige Gesetzesprojet befaasst, well et geet hei net nëmmeëm eng Emännerung vun de bestoenden Texter, neen, et geet heiëm eng richtig Reform vum 88er Gesetz. Et geetëm eng Neiregelung vum Nidderloossungsrecht vun de Beruffer vum Handwierk, vum Handel, vun den industriellen a vu verschiddene liberale Beruffer. Ech denken, datt mer mat deemem Gesetz eng Reform maachen, déi deenen Interesséierten a grousem Mooss Satisfaktioun misst ginn. Eier ech elo am Detail op déi verschidde Punkten aginn, wëll ech awer kuerz déi grouss Zich vun deemem Gesetz presentéieren.

Ee vun den Haaptobjektiver ass, datt den Zougank zu engem Beruff méi strikt geregelt gëtt an zwar an deem Sënn, dass eng gewësse Connaissance en gestion d'entreprise zur Obligatioun gëtt. Des Weidere ginn den Zougank zu de Beruffer vum Immobilienagent, vun

dem Administrateur de biens-syndic de copropriété a vum Immobiliepromoteur méi prezis reglementéiert. Ausserdeem kënnt et och nach zu enger Réglementatioun vun de Beruffer vum Innenarchitekt an dem Architecte paysagiste. Och den Accès zu anere Beruffer wéi deem vum Wirtschaftsberater, dem Expert-comptable oder dem Kontabel selwer gëtt preziséiert an och deementspriedend reforméiert.

En zweeten Objektiv vun deemem Gesetz besteet doranner fir d'Bréifkëschtfirmen ze bekämpfen a géint déi sou genannten Hommes de paille virzegoen. Ausserdeem gëtt och vun der Situation profitéiert verschidden Dispositionen am Code des Assurances sociales ze preziséieren.

Dat sinn, Här President, déi grouss Linne vun deemem Projet de loi an ech wäert probéieren déi wichtegst Punkten e bësselche méi am Detail ze exposéieren.

De Changement vun der Adress oder vun dem Siège d'exploitation vun engem Etablissement implizéiert an Zukunft keng Ufro méi vun enger neier Autorisatioun. Eng einfach Notificatioun un den zoustänneg Minister wäert an Zukunft do duergoen. Dese Punkt gëtt dann och ausdrécklech vun der Chambre des Métiers gelueft, well duerch des Moossnamen erreecht ee sécherlech och en Deel Ofbau vun den administrative Chargen.

An den Artikelen 2 an 3 kënnt et zu verschiddenen Ofännerungen, déi als Zil hunn déi fiktiv a reng spekulativ Aktivitéiten ze bekämpfen. D'Autorisation d'établissement gëtt dem neie Gesetz no nëmme nach un déi Persoun accordéiert, déi déi néideg Garantie vum Honorabilitéit a vun enger professioneller Qualifikatioun erfëlle kënnen. Am Fall vun enger Gesellschaft geet et duer, wann de Chef d'entreprise oder déi Persoun, déi mat der Direktioun vun der Entreprise chargéiert ass, d'Kritäre vun der Honorabilitéit a vun der professioneller Qualifikatioun erfëllen.

Nei ass awer, an do zitieren ech den Text: „Le respect de la condition d'honorabilité professionnelle pourra toutefois également être exigé dans le chef du détenteur de la majorité des parts sociales ou des personnes en mesure d'exercer une influence significative sur la gestion ou l'administration de la société“. Wann awer elo den Demandeur schonn eng Keier an eng Faillite oder enger Liquidatioun implizéiert war, esou kann den zoustänneg Minister nieft den übleche Konditiounen verlaangen, dass des Persoun eng Formation renforcée an der Gestion d'entreprise erfëlle muss eier déi betreffend Persoun eng nei Autorisation d'établissement ausgestallt kritt.

Ausserdeem gëtt dann och nach preziséiert, datt am Fall vun enger Faillite, engem Bankrott oder enger Liquidatioun d'Autorisation d'établissement automatesch seng Gültigkeit verléiert. Dës nei Dispositione solle verhënneren, dass d'Autorisatiounen a Persoun verdeelt ginn, déi entweder regelméisseg Faillité provozieren an duerno erëm nei ufänken oder déi probéiere verschidde Firmen iwwer sou genannten Hommes de paille ze dirigéieren. Ausserdeem droen se och dozou bäi fir d'Scheinfirmen méi effikass ze bekämpfen.

Am Artikel 3 gëtt och d'Notioun vum Etablissement nei definéiert. Dës nei Definition seet ënner anere, an och do zitieren ech: „Par établissement, il faut comprendre un siège d'exploitation fixe au Grand-Duché de Luxembourg de la personne physique ou morale qui y est également imposable au sens du droit fiscal.“ Dës nei Disposition huet dann och zum Zil de

Phenomeen vun de Bréifkëschtfirmen anzedämmen. Et gëtt hei kloer gesot, datt eng Firma e Siège d'exploitation fixe am Land muss besetzen. Am Kloertext heescht dat, datt all déi Firmen, déi sech wéinst de Steiervirdeeler oder wéinst anere Virdeeler nëmme fiktiv hei zu Lëtzebuerg wëllen niddleoossen, an Zukunft keng Chance méi kréien dat ze maachen.

Am Artikel 3 gëtt des Weidere preziséiert no wéi enge Konditiounen eng Autorisatioun fir d'Ariichte vun Erotiketablissementer erdeelt gëtt. Am initiale Gesetzestext stoung do geschriwwen, datt eng Autorisatioun nëmme da kann erdeelt ginn, wann den Avis vun där concernéierter Gemeng do wier.

De Statsrot war absolut net d'accord mat deser Virgoensweis, déi contraire zum Artikel 11 iwwert d'Liberté du commerce et de l'industrie vun eiser Konstitutioun ass. Och wann de Pouvoir législatif verschidde Restriktiounen bei den Autorisatiounen etabléiere kann, esou kann en awer op kee Fall d'Recht op Gemengenautoritéiten delegéieren oder dohinner ofginn. Eier de Statsrot säin Avis ofginn hat, hate mir eis och an der Kommissioun länger Zäit mat deemem Problem ausernee gesat an dofir och en neien Text proposéiert aus deem daitlech ervirgeet, datt de responsible Minister déi zoustänneg Gemengenautoritéiten nëmme informéiere muss, wa sech esou en Etablissement an hirer Gemeng wëllt niddleoossen.

Well dem Statsrot seng Opposition formelle sech nëmme op den initialen Text bezunn huet, ware mer an der Kommissioun der Meinung, dass mer deen Text géifen zrëckbehalen, dee mer an eise Amen-dement proposéiert haten. Wéi mer awer elo de leschte Méindeg den Avis complémentaire vum Statsrot kritt hunn, hu mer awer misse feststellen, datt am Text, deen de Statsrot proposéiert huet, weder deen initialen nach den Text vum Amendement zrëckbehalde gouf.

Well mer, wéi schonn gesot, a verschiddene Kommissiounssitzungen eng länger Zäit iwwert dese Punkt diskutéiert hunn an et och an deemem Kontext eng Motioun vun der Chamber gëtt, hu mer schlussendlech décidéiert, datt mer den Text vum Amendement vun der Kommissioun zrëckbehalde géifen, dee seet, datt déi betraffe Gemeng vum Ministère muss informéiert ginn, wann en Etablissement à caractère érotique sech wëllt an deser Gemeng niddleoossen.

An deemem Kontext an am Sënn vun där Motioun hu mer an der Chamberskommissioun och nach iwwer zwee Amendementer, déi vun der Madame Wagener erabruecht goufen, diskutéiert. Amendementer, déi awer nëmme zum Deel en Ap-pui vun der Kommissioun fonnt hunn, an ech ginn dann och dofir dovun aus, datt d'Madame Wagener herno selwer méi am Detail wëllt op des Amendementer agoen.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Do kënnt Der Géft drop huelen!

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Ma ja, ech hu mer dat esou geduecht.

(Hilarité)

Här President, am Kontext vun der Bekämpfung vun de sou genannten Hommes de paille seet den Artikel 5, datt d'Autorisation d'établissement „strictement personnelle“ ass. Dat heescht keng aner Persoun ausser dem Titulaire vun der Autorisation oder där Persoun, déi mat der Gestiou oder Direktioun vun enger Entreprise beoptraagt gouf, däréi déi autoriséiert Aktivitéiten och dann duerschéieren. Dës Persoun muss perséinlech an och regelméisseg déi deeglech Gestiou oder Direktioun vun der Entreprise assuréieren. Duerch des Disposition soll verhënnert ginn, datt Leit un der Spëtzt vun Entreprise

stinn, déi net déi reell Dirigeanté vun dese Betriber sinn.

Ech kommen elo, Här President, zu engem vun den Haaptunkte vun deemem Projet de loi. En handelt iwwert den Zougank zum Beruff vum Geschäftsmann. Am Laf vun deene leschte Joren hu mer hei am Land ëmmer méi Failliten, och Faillité vu klengem Geschäftsleit enregistréiert. En Deel vun dese Faillité si sécherlech drop zrëckzeféieren, datt vill Commerçanté vläicht net déi néideg Kenntniss an der Gestiou vun hiren Entreprisen haten. Dofir gëtt elo den Accès zum Beruff vum Commerce esou ofgeännert, datt den Akzent elo op eng Connaissance plus poussée de gestion d'entreprise geluecht gëtt.

E verbessert Wëssen an der Gestion d'entreprise dréit sécherlech dozou bäi, datt méi Entreprise grad hir Ufanksphas besser iwwerstoe kënnen. Et dréit awer mat Sécherheet net dozou bäi fir all Failliten am Commerce ze verhënneren. Déi verschidde Konditiounen a professionell Qualifikatiounen, déi den Accès zum Commerce assuréieren, sinn am Text vun deemem Gesetzesprojet nozeliesen.

Ech hat ufanks a menger Intervention gesot, datt d'Aktivitéite vum Immobilienagent, dem Administrateur de biens-syndic de copropriété a vum Immobiliepromoteur méi prezis reglementéiert ginn. Dese Punkt dréit dann och ënner anere der Proposition de loi 3679 vum Här Zanussi Rechnung, wou schonn 1991 gefuerdert gouf fir den Zougank zu de Beruffer aus dem Secteur immobilier ze regelen. Dës Proposition de loi gesäit ënner anere eng gewëssen Ausbildung vir, déi mat engem Stage verbonnen ass, dee parallel zur Ausbildung dann och muss gemaach ginn. Et ginn och déi eenzel Voraussetzungen a Qualifikatiounen definéiert, déi eng Persoun erfëlle muss fir d'Autorisatioun am Secteur immobilier ze kréien. Bei der Ausschaffung vun neien Text gouf deemno de Propositione vum Kolléeg Zanussi Rechnung gedroen.

Duerch d'Komplexitéit vun den Tachen am Secteur immobilier mussen déi Persounen, déi dese Beruff ausüben, nieft dem Wësse vun der Gestiou vu Betriber nach zousätzlech aner Konditiounen erfëllen. Sou mussen se zum Beispill mat Succès en Test d'aptitude bestoen, wou gekuckt gëtt ob se och berechtegt sinn dese Beruff auszeüben. Dese Test bezitt sech an der Haaptsaach op d'Déontologie professionnelle an et muss ee Kenntniss iwwert d'Lëtzeburger Législation hunn, déi den Aménagement du Territoire, de Bail à loyer, d'Autorisation de bâtir, d'TVA, d'Vente vun Immeublen, fir nëmme des ze nennen, betrëfft.

Och gëtt dem Administrateur de biens-syndic de copropriété eng Garantie financière ofverlaangt, déi de Remboursement vun de Fongen oder Valeuren assuréiere soll, déi des Leit ze verwalten hunn. De Statsrot hat a sengem éischten Avis op dese Punkt eng Opposition formelle ausgeschwat, well den initialen Text net konform mam Artikel 11 iwwert d'Liberté du commerce et de l'industrie vun eiser Konstitutioun war.

D'Chamberkommissioun huet dann de Bemerkunge vum Statsrot Rechnung gedroen andeems en neien Text proposéiert gouf, wou prezis festgehalde gëtt iwwer wéi eng Matière an no wéi enge Kritären den Test d'aptitude muss oflafen a wéi héich, a wéi d'Garantie financière muss sinn. D'Modalitéite vum Test d'aptitude esou wéi d'Modalitéiten an d'Notzung vun der Gestion financière ginn duerch groussherzogleche Reglement fixéiert. Ech kommen herno awer nach eng Keier a menger Intervention op d'Garantie financière zrëck.

Här President, an deemem Gesetzesprojet kënnt et och zur Ofännerung vum Artikel 12, deen iwwert d'Erweiterung vun der Surface



commerciale handelt. De Statsrot war net mam initialen Text averstannen. E war der Meenung, datt d'Dispens vun enger Étude de marché, wann d'Erweiterung net méi wéi 200 m<sup>2</sup> bedréit, eng Facilitéit géif duerstelle fir d'Gesetz ze ëmgoen. Hien huet dofir gefrot fir ze preziséieren ob eng nei Étude de marché fällég gëtt wann de Seuil vun 2.000 m<sup>2</sup> duerch Vergrësserung vun de Surfacen iwwerschratt gëtt.

Mir hunn deemno an der Kommissioun en neien Text proposéiert, dee seet, datt bei all Projet, wou duerch Extensioun de Seuil vun 2.000 m<sup>2</sup> Surface de vente iwwerschratt gëtt, eng Étude de marché muss duerchgefouert ginn. Dës Etüd gëtt awer net verlaangt wann d'Vergrësserung vun engem Geschäft maximal 200 m<sup>2</sup> bedréit a wann dëst Geschäft zu engem fréieren Zäitpunkt schonns eng Kéier eng Étude de marché duerchgefouert huet. Och dese Punkt, Här President, dréit zu engem Ofbau vun den administrativ Chargé fir déi Leit bái.

An engem anere Punkt gëtt preziséiert wéi eng Qualifikatioun ee muss hunn, wann een de Beruff vum Handwierker oder vum Entrepreneur industriel de construction ausübe wëllt. Entweder muss een d'Meescherkaart oder en equivalente Schoulof Schloss besëtzen, deen dozou berechtigt, dës Berufler auszeüben. Ausserdeem gëtt och nach festgehalen op wéi eng Persounen d'Qualification professionnelle vun enger Entreprise am Beräich vum Handwierk net därfer reposéieren.

Ech zitëieren do den Text, deen zréckbehale gouf: „La qualification professionnelle d'une entreprise exerçant une activité artisanale ne peut pas reposer sur une personne qui est déjà établie à son propre compte ou sur la qualification professionnelle d'une personne sur laquelle repose l'activité artisanale d'une autre entreprise ou sur une personne salariée auprès d'un autre employeur, sauf si la personne en question détient la majorité du capital dans l'entreprise concernée et y exerce de manière effective l'activité autorisée, en conformité notamment avec les dispositions de l'article 5 de la présente loi.“

Duerch dëst neit Gesetz gëtt och d'Autorisation d'établissement vun enger ganzer Rei vu liberale Berufler nei definéiert. Et handelt sech elei ëm d'Innenarchitekten, d'Landschaftsarchitekten, de Wirtschaftsberoder, de Conseiller en propriété industrielle esou wéi de Kontabel an den Expert-comptable. Wat elo den Detail vun deene verschidde Qualifikatiounen ugeet, déi ee muss erfëlle fir ee vun dese Berufler ausüben ze kënnen, - ech denken do un d'Diplomer, d'Tester, ofgeschlosse Stagen an esou weider - verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Ech wëll awer gären e puer Wuert, Här President, iwwert den Expert-comptable an de Kontabel soen. De Beruff vum Expert-comptable genauou wéi dee vum Wirtschaftsberoder ware schonns duerch Dispositiounen am 88er Gesetz an iwwert dat Gesetz vun den Experts-comptables reglementéiert. D'Aktivitéite vum Kontabel selwer par contre, dee jo och d'Kontabilitéit a Steiererklärung vu Betriber bis zu engem gewësse Montant maache kann, ware bis elo weder reglementéiert nach ënnerleie se den Dispositiounen vum Droit d'établissement. Et war deemno ganz wichteg, den Accès zum Beruff vum Kontabel am Droit d'établissement ze reglementéieren an zwar an deem Mooss, datt ee vun elo un e ganz kloren Ennerscheid tëschent den Aktivitéite vum Expert-comptable an och vum Kontabel zéie kann.

Esou muss, wann dëst Gesetz a Kraaft ass, den neie Kontabel am Besëtzt vun engem Diplôme de fin d'études secondaires techniques

ou de technicien, division administrative et commerciale, sinn. En plus muss hien e Stage vu mindestens dräi Joer virweise kënnen, deen hien an dëser Branche absolviert huet. Eent vun dësen dräi Joer muss allerdéngs bei engem Expert-comptable gewiescht sinn.

Doriwwer eraus ass nach en Test d'aptitude virgesinn, deen dann och mat Succès bestane muss ginn, an ech zitëieren do: „Les preuves de qualification ainsi que le stage devront être complétés par la preuve de la réussite à un test d'aptitude portant sur le droit fiscal luxembourgeois, le droit commercial luxembourgeois, la comptabilité commerciale, le droit du travail et de la sécurité sociale luxembourgeoise, la taxe sur la valeur ajoutée et l'analyse financière.“ D'Modalitéite vun dësem Test an och vun aneren Tester, déi d'Gesetz nach virgesäit, ginn allegueren iwwer Règlement grand-ducal preziséiert.

Den zweete Punkt, Här President, vun dësem Projet de loi handelt vun Ofännerunge vu verschidde Dispositiounen am Code des assurances sociales. Deen neien Text definéiert elo kloer, ënner wéi enge Konditiounen eng Persoun, déi hire Beruff am Kader vun enger kommerzieller Sociétéit ausübt, als Indépendant an d'Sécurité sociale opgeholl ka ginn. Am Gedanke vu Kohesioun a Vereinfachung gouf proposéiert d'Autorisation d'établissement als Haaptkritär hei zréckzebehalen.

Här President, ech wollt zum Schluss vu menger Interventioun awer nach eng Kéier op ee Punkt agoen, dee mer an der Kommissioun proposéiert haten, mä deen, wéi den Här Scheuer richteg gesot huet, vum Statsrot allerdéngs verworf ginn ass. Den Artikel 18 vum Gesetz seet: „En cas d'invalidité professionnelle d'un artisan, le conjoint ou l'ascendant, appelé à la tête de l'entreprise artisanale, peut être autorisé à en continuer l'exploitation, à charge d'y occuper dans un délai de deux années; un préposé remplissant les conditions légales requises.“ Mir als Kommissioun wollten dës Mesure och net nëmmen en cas de décès, mä och op en cas de divorce ausweiten.

Des Weidere ware mer der Meenung, an dat aus dem Souci eraus, datt e Betrib och en cas de décès kënnit weidergefouert ginn, wann et sech net ëm de Conjoint, mä ëm de Concubin handele géif. Ech zitëieren den entspreche Passage aus eisem Amendement, dee mer bei de Statsrot erageschéckt hunn: „Dans le même ordre d'idées, il est proposé de modifier l'alinéa 1<sup>er</sup> de l'article 18 de la loi sur le droit d'établissement afin d'assurer la continuité de l'exploitation d'une entreprise par le biais du concubin en cas de décès ou d'invalidité.“

De Conseil d'État huet dat leider net esou gesinn an hien huet den Amendement mat enger Opposition formelle beluecht. Déi Héich Kierperschaft war an dësem Fall der Meenung, datt d'Gesetz iwwert den Droit d'établissement net am Beräich vum Droit de succession a vum Droit de propriété innovéiere soll.

Mir als Kommissioun hu missen erëm zréck op deen initialen Text goen, sinn awer an der Majoritéit trotzdem der Meenung, datt hei eng gutt Geleeënheet verpasst gouf, fir d'Gesetz un d'Gegebenheete vun engem méi modernen Zäitalter unzepassen.

■ **Une voix.**- Allegueren.

■ **Une autre voix.**- Très juste!

■ **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.**- Här President, dës Gesetzestext géif ech soen ass e gudden Text, deen och vun alle professionelle Beruffschamberen duerch d'Bank gelueft gëtt. Souwuel d'Chambre des Employés privés wéi och d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce

begrëssen ausdrécklech, datt den Akzent um Zougank vun engem Beruff op eng Connaissance renforcée en matière de gestion d'entreprise geluecht ginn ass.

Si sinn der Meenung, dass een duerch dës Mesure dem Phänomen vun de Failliten entgéintsteiere kann. Ausserdeem stellen se och mat Satisfaktioun fest, datt nei Dispositiounen festgehalen goufen, déi et erlabe Bréifkëschtfirmen effikass ze bekämpfen a géint déi sou genannten Hommes de paille virzegoen. Des Weidere gëtt och positiv bewäert, datt verschidde Berufler nei reglementéiert an aner an den Droit d'établissement opgeholl ginn, esou zum Beispill - fir nëmmen deen ze nennen - de Beruff vum Kontabel.

Ofgesi vu kleng Kritiken an Ännerungsvirschléi, vun deenen d'Chamberkommissioun verschidener awer an hiren Amendementer iwwerholl huet, sinn déi eenzel professionell Chamberen awer zefridde mat dësem Gesetzestext.

Här President, de leschte Méindeg krute mer wéi schonns erwähnt nach den Avis complémentaire vum Statsrot, deen eis zousätzlech Amendementer - et waren der sechs - vum 30. Abrëll méi oder weéneger positiv aviséiert huet. Mir haten an der Kommissioun bei der Ausaarbechtung vun dësen Amendementer de Kritiken an den Observatiounen vum Statsrot Rechnung gedroen, sou dass en am Endeffekt all seng formell Oppositionne fale gelooss huet, an eis Propositionen positiv aviséiert huet.

Mir haten an der Kommissioun proposéiert, datt den Administrateur de biens-syndic de copropriété eng Garantie financière virleee muss, déi de Remboursement vun deene Fongen oder Valeuren assureiere soll, déi hien ze verwalten huet. Well mer awer net weider do preziséiert hate wéi héich de Montant vun dëser Garantie soll sinn, huet de Statsrot de proposéierten Text amendéiert. De Statsrot huet en neien Text do proposéiert, en Text, deen e Montant minimal vun 10.000 Euro Garantie financière festleet, déi doduerch selbstverständlech dann och obligatoresch gëtt.

Op all aner Remarqué vum Statsrot sengem Avis complémentaire sinn ech schonns virdrun agaangen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn eis bewosst, dass een an dëser Matière sécherlech kee Gesetz maache kann, dat allen Interesséierten zu 100% Satisfaktioun ka ginn. Ech mengen awer, datt dat Gesetz hei e gudd Kompromëss tëschent allen Interessen duerstellt. Ech hoffen, datt dat Gesetz eng breet Majoritéit hei an der Chamber fënn. Et ass mat Sécherheet e ganz wichtegt Gesetz am Interesse vum Handel a vum Handwierk an och vun deene liberale Berufler hei am Land.

Niewebäi bemierkt ass et awer net nëmmen e wichtegt Gesetz, mä et ass och dat lescht Gesetz, mengen ech, wat mer an dëser Legislaturperiod heibannen diskutéiere wäerten. Dofir géif ech am Numm vun der Commission des Classes moyennes d'Chamber bieden de Projet an där Form ze stëmmen, wéi d'Chamberkommissioun en arretéiert huet.

Zum Schluss, Här President, wëll ech awer nach all deene merci soen, déi aktiv un dësen Texter matgeschafft hunn. Et waren zum Deel Textpassagen, déi méi oder manner schwierig waren. Mä ech muss soen, an der Kommissioun an deenen 13 Sitzungen, déi mer haten, hate mer wierklech ëmmer vun alle Bordé ganz interessant Virschléi. Mir haten och ganz konstruktiv Diskussiounen an der Kommissioun. Ech sinn dofir wierklech frou, datt mer et nach an der Zäit

gepackt hunn, fir dat heite Gesetz an de Plenum ze kréien. Dat gesot, Här President, soen ech all deenen, déi hei waren, merci fir d'Noleschteren.

■ **M. le Président.**- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Norbert Hauptert agedroen. Den Här Hauptert huet d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Norbert Hauptert (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussiounen, déi mer de Mëtteg scho gefouert hunn, a besonnesch déi grouss Presenz, déi mer elo bei esou engem wichtigen Text hunn, beweisen, dass d'Haut och eise Kolleegen heibannen méi no ass wéi d'Hiem.

Si ginn awer net midd dobaussen ze soen, de Mëtzelstandsminister hätt net vill fir de Mëtzelstand gemaach. Wann en eng Kéier wichtigen Projeten hei presentéiert, dann ass keen hei fir nozelauschteren. Virdrun, wou et awer ëm d'Gemeengen...

#### (Interruptions)

Ech soen dat am Allgemengen. Ech hu guer net op lech gekuckt. Dir füllt lech iergendwéi getraff, Här Di Bartolomeo.

#### (Hilarité et coups de cloche de la Présidence)

■ **M. le Président.**- Fuert weider, Här Hauptert.

#### (Interruptions diverses)

■ **M. Norbert Hauptert (CSV).**- Et ass Qualitéit, déi et ausmécht. Ech kommen awer elo gären zréck zu dem Projet.

De Projet 5147, wéi de Kolleeg Lucien Clement et scho gesot huet, ass e wichtige Projet fir déi Kleng-a-Mëtzelbetriber. Ech mengen, an der leschter Zäit hu mer zwee wichtigen Projeten hei diskutéiert. De Mëtzelstand ass wierklech ee vun den Hauptpeiler vun eiser Gesellschaft. Mir hunn och an der Kommissioun, an dat wëll ech hei betounen, dee Projet hei wierklech mat ganz grousser Seriö diskutéiert. Den Här Clement huet gesot, mir haten 13 Réuniounen, an deene mer fir d'éischt de Minister mat senger Mataarbechter héieren hunn, déi eis den Text explizéiert hunn. Mir hunn dann den Text Artikel par Artikel duerchdiskutéiert. Mir hunn d'Avisé vun deenen eenzelne Chamberen och hei diskutéiert. Mir hunn d'Proposition de loi vum Här Zanussi duerchgeholl, a mir hu besonnesch déi Amendementer, déi d'Madame Wagener gemaach huet, och des Längeren an där Kommissioun diskutéiert.

D'Kommissioun selwer huet dräi Serië vun Amendementer proposéiert, eng éischt, Amendementer no der éischter Lecture, no der éischter Analys vun den Texter - do hu mer zéng Amendementer proposéiert. Mir hunn e Mount duerno nach een Amendement, op deen eis de Jeannot Krecké higewisen huet, nogeschoss. Mir hu schlussendlech, wéi mer den Avis vum Statsrot kritt hunn, nach sechs aner Amendementer gemaach.

Dofir e grouse Merci un allegueren déi Leit, déi hei un deem Projet matgeschafft hunn. E Merci besonnesch un de Minister Fernand Boden a seng Mataarbechter, de Mannu Baumann an de Christian Schuller. E Merci och un d'Mataarbechter vun der Chamber, den Här Nic Bock, an ee vun der Fraktioun, den Här Marc Reiter. E Merci a Félicitatiounen un de Kolleeg Lucien Clement fir säin excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, awer besonnesch e grouse Merci u sämtlech Kolleegen vun der Kommissioun, egal vu welchem Bord, dass se komm sinn, well mir hu wierklech intensiv un deem Text do geschafft.

Erlaabt mir awer, dass ech e spezielle Merci un eis Kollegin d'Madame Renée Wagener hei richten, déi wierklech och intensiv mat dis-

kutéiert huet. Si hat och zwee flott Amendementer proposéiert. Mir hu versicht se kënnen anzebauen. Et ass net esou gaang wéi si et geduecht huet. Ech hoffen awer, dass mir trotzdem hir e weéneeg Satisfaktioun konnte ginn. Madame Wagener, ech soen lech merci fir Är Mataarbecht.

Déi Décisioun, déi Dir geholl hutt, fir net méi ze kandidéieren, déi respektéieren ech, mä ech soen lech awer gradesou éierlech, dass et bestëmmt e Verloscht fir d'parlamentaresch Aarbecht heibannen ass, well Dir hutt ëmmer ganz konstruktiv a ganz intensiv matgeschafft. Ech wënschen lech ganz vill Chance an deem wat Dir an der Zukunft wëllt ënnerhuelen.

#### (Interruption)

Ganz kritesch. Voilà! Dat muss och sinn, besonnesch an der Opposition.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Kolleeg Lucien Clement huet den Text hei analyséiert, esou dass ech net méi brauch am Detail drop anzegoen. Just e puer Gedanken zu dem Projet, mä vläicht net nëmmen zu dësem Projet, mä zu alle Modifikatiounen, déi an deene leschten dräi, véier Joer am Kader vu Reglementer oder vun engem Gesetz am Intérêt vun dem Droit d'établissement geholl gi sinn.

En éischte Gedanke war mat Sécherheet deen, fir, et kann ee soen, e weéneeg méi Substanz an den Droit d'établissement eranzebréngen. Vläicht ass den Ausdrock méi Substanz net ganz richtig, mä méi Garantie, wat d'Nidderloossung vun engem Betrib selwer ubelaangt, a besonnesch wat d'lwewellie vum engem Etablissement ubelaangt. Ech géing do besonnesch hei un éischter Stell d'Qualifikation professionnelle erwähnen. An dësem Projet hu mir, besonnesch wat de Commerce ubelaangt, versicht fir d'Qualifikation professionnelle, déi ee brauch, fir sech kënnen an engem Geschäft ze etabléieren, e weéneeg méi ze straffen.

Bis elo war et jo esou am Commerce, dass een am Fong geholl e Geschäft konnt opmaachen, andeem dass een en CATP an där Branche konnt opweisen, oder dass een dräi Joer an där Branche an engem Geschäft geschafft huet. A wann een eng Analys mécht vun de Failliten, op där enger Säit wat d'handwierklech Betriber ubelaangt, an op där anerer Säit wat déi kommerziell Betriber ubelaangt. Am Handwierk, fir sech do kënnen ze etabléieren, do brauch een e Meeschterbréif, eng Meeschterprüfung. No engem CATP, no enger Geselleprüfung muss een e puer Joer geschafft hunn, an da Coursé suivéiert hunn an der Handwerkskummer, an dann do sech enger Prüfung ënnerwerfen, enger Prüfung, déi och ganz seriö ass, gradesou wéi déi Formation. An do constatéiert een, dass an den handwierkleche Betriber vill manner Faillité si wéi an deene kommerzielle Betriber.

Dofir huet dese Projet virgesinn, déi Formation, déi Qualifikation professionnelle, déi verlaangt ass, fir sech kënnen an engem kommerzielle Betrib ze etabléieren, méi ze straffen a besonnesch fir méi Poids op d'Kenntnisser, wat d'Betriebsführung ubelaangt, ze leeën.

Eng zweet Mesure, déi an déi dote Richtung geet, fir d'Substanz vun deem Droit d'établissement e weéneeg nach ze verbessern, ass déi, dass d'Gesetz am Fong geholl vill méi genau definéiert wat den Etablissement vun engem Betrib ass, an dat - ech mengen de Lucien Clement huet drop higewisen - besonnesch fir den Etablissement vun deene ganze Bréifkëschtfirmen ze verhënnern. D'Gesetz schreift elo vir, dass all Mënsch, deen hei en Droit d'établissement kritt, och muss kënnen noweisen, dass en en Etablissement huet, deen der Aktivitéit vu sengem Droit d'établissement ugepasst ass.



Eng drëtt Measure, déi an deem Gesetz geholl gëtt fir den Droit d'établissement, wéi soll ech soen, méi seriö ze gestalten, ass déi, dass ee versicht, dass Leit, déi besonnesch elo ëmmer, nodeem dass se amgaange waren eng Faillite ze bauen oder eng Faillite gebaut hunn ënnert dem Deckmantel vun enger Gesellschaft, wou se den Hauptgérant dra waren, an déi dann erëm eng nei Demande ugefrot hunn, an doduerch dass awer d'Deklaratioun vun der Faillite nach net virloung, och erëm eng nei Autorisatioun kruten, dass déi am Fong geholl esou eng nei Autorisatioun net méi kënnen kréien.

An Zukunft müssen déi Leit eng Déclaration sur l'honneur beim Minister virleeën, eng Déclaration sur l'honneur, wou se bescheinegen, ob se an deene leschten dräi Joer eng Fonctioun als Gérant an enger Entreprise oder an enger Gesellschaft hatten oder ob se majoritär Aktionär an enger Gesellschaft waren, fir dass de Minister à la rigueur kann novollzéien, ob se net an deene leschten dräi Joer an esou eng Faillite mat agebonne waren.

Eng véiert Measure, déi an deem Kontext geholl ginn ass, ass déi, dass och d'Honorabilité professionnelle net nëmme ka vum Gérant vun enger Gesellschaft verlaangt ginn, mä och vun deene Gesellschaftler, déi d'Majoritéit vun de Partén an där Gesellschaft hunn, wann et eng Sociétéit ass, oder déi eng Haaptroll an der Féierung vun där Gesellschaft anhuelen, ouni dass se offiziell de Gérant vun der Gesellschaft sinn.

E weidere Gedanken, deem dëst Gesetz e wéineg zu Grond loun, ass deen, dass d'Gesetz versicht huet sech den heitege Begebenheiten unzepassen, besonnesch Beruffer heimadder eranzezéien, déi méi modern Beruffer sinn, Beruffer, déi sech an der leschter Zäit entwéckelt hunn - de Lucien Clement ass dorop agaangen -, awer och besonnesch Beruffer, déi scho bestanen hunn, mä fir déi keng prezis Bestëmmungen am Gesetz virfonnt gi sinn, besonnesch dee vum Kontabel oder dee vum Agent immobilier, vum Administrateur de biens-syndic de copropriété a vum Promoteur immobilier; besonnesch bei deenen dräi leschten, dat si jo Beruffer, déi awer mat vill Gelder vun hire Clienté schaffen.

Bis elo konnt een am Fong geholl dee Beruff ausüben ënnert der Form vun enger einfacher Autorisatioun, als Commerçant also, d'Formation dräi Joer Aktivitéit oder en CATP mat enger Formation complémentaire bei der Chambre de Commerce. Hei am Gesetz sinn niewent där Formation awer och Garantien, wat d'Assurance ubelaangt, déi déi Leit do müssen hanterleeën.

E leschte Gedanken, deen ech hei wëilt uféieren, ass dee vun der administrativer Vereinfachung. Et sinn am Fong geholl kleng Simplificatiounen hei mat agefouert ginn, de Lucien Clement huet schonn drop higewisen. Déi eng ass déi, dass ee bei enger Surface vu manner wéi 200 m<sup>2</sup> keng Étude de marché méi brauch. Aner Simplificatiounen sinn déi, dass ee bei Emännerunge vun der Denominatioun vun enger Gesellschaft oder vun der juristescher Form oder der Adress an esou weider am Fong geholl keng nei Autorisatioun méi brauch, mä dem Minister einfach eng Notificatioun dovunner gëtt.

Voilà, als Konklusioun géif ech soen, dass dese Projet e wichtege Projet ass fir eis Kleng- a Mëttelbetreiber. Et ass e Projet, deen d'Gesetz vun 1988 iwwert den Droit d'établissement kompletéiert a besonnesch moderniséiert. Dofir géif ech och hei den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här President, ech hoffen, dass mir hei esou eng grouss Zoustëmmung kréie wéi mir se virdrun haten, wéi et och ëm ganz partikular Interesse gaangen ass, wéi mir hei allegueren zesumme jo anscheinend den iwwergeuerdenten Intérêt vun de Gemenge verteidegt hunn. Ech hoffen also, dass mir och den iwwergeuerdenten Intérêt vun de Kleng- a Mëttelbetreiber hei an deem Mooss wäerte verteidegen.

Ech muss soen eis Fraktioun wäert dëst Gesetz stëmmen, well et eng ganz Rei Verbesserunge bréngt a well ee leider muss soen, dass déi Verbesserunge gutt gewiescht wäeren, wa se am Ufank vun deser Legislatur komm wäeren. Se hätte gehollef eng ganz Rei Saachen ofzefiedere, déi geschitt sinn am Secteur. Ech weess, dass dat e bësse komesch kléngt, mä wann ee weess a wat fir eng schwiereng Situatioun, dass mer erakomm sinn, da wär e Gesetz wéi dat heiten, wat net perfekt ass, mä wat eng ganz Rei Verbesserungen, Erliichterungen, Clarificatiounen virgesäit, da wär dat noutwenneg gewiescht.

Iwwregens datselwecht gëllt fir dat Gesetz, wat mir och gestëmmt hunn, nämlech dat iwwert d'Loi-cadre, wou ee sech och seet, mir wousste säit laangem, dass et zeidech wär, 1999 hat d'Regierung sech virgeholl, dat doten ze maachen. Et ass jo schued, wéi gesot, dass mer et net vläicht am Joer 2000/2001 haten, et hätt deen een oder deen anere vläicht éischer in-citéiert, säin Invest ze tätigen, mä dat ass elo leider ze spéit.

Ech muss och bedauern, Här President, wa mer och elo hei den Droit d'établissement zu engem gudden Deel a senge Modalitéite verbessern, dass awer nach ëmmer déi Démarchen, déi ee muss huele fir e Betrib opzemaachen, nach wie vor net einfach sinn an dass do déi materiell Hëllef, déi mer net an engem Gesetz kënnen festhalen, effektiv e Guichet unique muer ka sinn, wou een higeet a wou een all Opklärungen kritt, wou een och all Démarchen, déi een u sech ze maachen huet, op enger eenzeger Plaz ka maachen.

An da muss ech soe feelt an deem ganze Puzzle fir mech och nach wie vor eng Kloerstellung an e kloert Gesetz, oder zumindest och an de Prozedure Kloerstellen, wat d'Failliten ubelaangt. Also dat sinn déi wichtege Punkten, menger Meenung no, déi dem klengen a mëttlere Betrib géingen entgéintgoen. Ech weess, dass ee ka streiden driwwer ob ee schwätzt vu Mëttelstand oder vu klengen a mëttlere Betreiber. Ech menge mir wëssen, dass et mëttlerweil besser ass, et kuckt een d'Betreiber an hirer Gesamtheit wéi hir Activité économique ass an et deelt een se an e bësse an d'Gréisstenuerdung an et probéiert een, hinnen och do op deem Niveau entgéintzekommen.

**(M. Nico Loes prend la Présidence)**

Wéi gesot, mat de Modalitéiten, déi erkläert gi sinn, kënnen mer eis d'accord erklären. Mir hunn dorunner gehollef. Och wa mer an Nuancé bei eenzelne Punkte wahrenscheinlech anescht virgaange wäeren, esou ass awer déi grouss Ausrichtung richtig. Besonnesch mengen ech, well mer probéiert hunn, eppes wat eis um Häerz läit, nämlech de ganze Verwaltungssopwand, awer elo emol erëm an déi aner Richtung sech entwéckelen ze loosse, dat heescht op manner. Ech mengen et muss een an Zäit vun engem Joer kucken, wéi dat neit Gesetz sech ausgewierkt huet, ob dat och tatsächlech an den Délaien, wou d'Leit Antwerte kënnen kréien, wierklech dat bruecht huet wat op alle Fall Eenzelner vun eis sech erhofft hunn.

Mir hu bei enger ganzer Rei Detailfroen, wat den Zougank zu de Beruffer ubelaangt, geschwat vun Etuden, déi ee muss gemaach

hunn. A besonnesch mengen ech kréie mer e Problem wou mer doudsächer nach eng kéier mussen drop zrëckkommen, dat ass bei all deenen Etuden, déi eppes mat universitairé Studien ze dinne hunn. Well mir hunn elo en Opbau vun enger Uni virgesinn, deen eng kéier dräi Joer an eng kéier fënnf Joer virgesäit, an u sech dat, wat hei e bësse d'Miesslat a ville Beruffer ass, nämlech déi véier Joer - besonnesch och bei der Astellung vum Stat, do ass deeselwechte Problem -, dat klappt net méi richtig iwwertenaner mat dem Opbau vun enger Uni, déi mir am Fong geholl selwer eis dohinnergesat hunn. Dat muss een einfach wëssen.

Och hei hu mir bei eenzelne Beruffer véier Joer virgeschriwwen, dat heescht, wann ee gären...

**(Interruption)**

Gelifft?

**(Interruption)**

Jo, mä dat heescht véier Joer. Jo, wann ee mat zéng Joer kënnt, huelen ech un, dass mer en och huelen. Mä de Problem ass deen, dass mer - dat ass kee Virwurf, et ass just eng Feststellung - säit ech géing soen 20 Joer e bësse deen Niveau vu véier Joer Universitätsstudien iwwerall eragesat hunn, a mëttlerweil bidde mir selwer dräi oder fënnf Joer un, esou dass mer dat, wat mir selwer décidéiert hu fir eis Uni, net an deem Text an där Fro erëmfannen. Ech mengen dat sinn déi Haaptpunkten, déi, onofhängeg vun deem, wat de Rapporteur gesot huet an och de Virriedner, den Här Hauptert, hei vu Wichtigekeit waren. Ech muss feststellen, dass mer a ville Punkten effektiv Identité de vue haten.

Ech géing mech uschlësse mat enger Tréin am An deene léiwe Wieder vum Här Hauptert. Ech ka se net esou schéi wéi hien dat gemaach huet soen, mä d'Mataarbecht vun der Madame Wagener vermësse mer elo schonn, dovu sinn ech iwwerzeegt, a mir hoffe jo, dass si vläicht e Beruff ergräift, wou se den Droit d'établissement als solches vläicht muss hunn a wou se dann...

**(Interruption)**

Et weess ee jo net. Si ass eng ganz dynamesch Persoun, ech ka mer si éischer virstellen, dass se d'Grënnermentalitéit, déi hei vläicht zu Lëtzebuerg e bësse feelt, déi awer an hir nach vläicht e bësse stécht, muer als Plattform hält fir eppes ze grënnen an eppes op d'Been ze setzen. Mir wënschen lech och „bonne chance“, Madame Wagener, vu dass et de leschten Optrëtt ass, dee mir aner hei hunn, an danken lech effektiv fir déi wäertvoll Aarbecht, déi Der zesumme mat eis geleescht hutt.

Dat gesot, Här President, bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem Gesetz hei.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Krecké. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Beissel ageschriwwen. Madame Beissel, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dem Rapporteur Lucien Clement villmools merci fir säi kloren Exposé a fir seng Aarbecht um Rapport vun deem schwierere Gesetzesprojet. Dann awer och dem President Norbert Hauptert an all den anere Membere vun der Mëttelstandskommissioun meng Unerkennung fir déi gutt Zesummenaarbecht am Laf vun deene leschte Joren.

Här President, no iwwer engem Joer intensiver Aarbecht kënnen mer haut iwwert deen zweete grouss Gesetzesprojet fir de Mët-

telstand an deser Legislaturperiod ofstëmmen, kuerz no dem Kadergesetz fir d'Hëllef fir de Mëttelstand. Et goufe jo och déi lescht Joren e ganze Koup Mëttelstand-favorabel Projeten am Kader vum Wirtschaftsministère. Dass dese wichtege Projet - deen aneren eigentlech och -, déi zwee wichtege Projeten elo esou zum Schluss vun der Legislaturperiod gestëmmt ginn, ass vläicht net ganz glécklech, mä et kann een awer trotzdem mat engem gesonde Mënscheverstand soen, dass gutt Aarbecht muss räifen. An deem Fall ass d'Aarbecht geräift an et ass eng ganz gutt Aarbecht an deem Projet de loi verricht ginn.

Ausserdeem ass mat deem System, dee mer elo praktizéiert hunn, dass mer e wéineg am Stakkato-Verfahren déi lescht Méint gefuer sinn, selten esou vill iwwert de Mëttelstand geschwat a geschriwwen ginn, wéi ebe just an de leschte Méint. Ech géif mer wënschen, dass d'Diskussioun doriwwer, wéi mir dëst Réckgrat vun eiser Wirtschaft weider stärke kënnen, och an Zukunft riicht weidergeet an dass d'Approche vum „thinking small first“ sech bei eiser legislativer Aarbecht nach méi abiergert.

Här President, de Gesetzesprojet, dee mir haut debattéieren an da stëmmen wäerten, ass zwar keng Revolutioun, mä et ass eng ganz wichtege Evolutioun a Saachen Néierloossungsrecht. Et ass eng noutwendeg Adaptatioun vum '88er Gesetz un déi heiteg Erausforderungen a verschiddene Beräicher. Et ass e Gesetz, dat op Grond vun engem konstanten Dialog mat de betroffene Kreesser entstanen ass an iwwert dat dann och an der Kommissioun selwer grouss Eestëmmegkeet geherrscht huet. Et ass och e Gesetz wou d'Erfahrung vum Mëttelstandsministère am Émgang mat den Néierloossungsgenehmegungen eraflëssen.

Dës Erfahrung ass grouss: De Mëttelstandsministère huet elo d'lescht Joer 8.342 Demanden en matière de droit d'établissement erakritt an dovun der 5.025 accordéiert. Béides ass Rekord a fir mech en Zeechen, dass d'Interesse fir hei zu Lëtzebuerg eng Firma ze grënne, souwuel bei Résidenté wéi och bei den Ausländer, ganz grouss ass. Quitte, an dat ass vläicht e klenge Problem, deen ee muss am A behalen, dass vill vun deene Genehmegungen net direkt benotzt ginn a se jo och müssen ugefrot ginn, wann e Betrib sech ausdehnt oder eng Partie vu sengen Aktivitéiten auslagent.

Här President, de Rapporteur ass schonn am Detail op déi verschiddene Punkten agaangen, dofir wëll ech mech mat e puer Remarquen hei begnügen. Eischens maache mir hei e ganz wichtege Schrëtt no vir am Kampf géint déi berühmte Bréifkëschtfirmen andeems mir net nëmme soen, dass eng Firma muss hei zu Lëtzebuerg eng operationell Infrastruktur hunn, déi der Aktivitéit entsprécht, déi se wëllt maachen, mä och dass den Titulaire vun der Autorisation d'établissement perséinlech a regelméisseg d'Gestioun oder déi deeglech Direktioun vum Betrib muss effektiv maachen. Ech mengen, dass hei méi Kloerheet, méi Transparenz erakëent an dass doduerch Abusen an onduerchsichteg Konstruktione mat Stréimänner an esou weider vill méi schweier gemaach ginn.

Ze begrëssen ass dann och, dass een, wann een eng Faillite baut, emol fir d'éischt seng Autorisatioun verléiert. Bis elo konnt ee se jo halen, wat dozou gefouert huet, dass een deen een Dag konnt Faillite maachen an deen aneren Dag schonn nees eng nei Firma opmaachen, mat de katastrophale Suiten, déi mer jo kennen. Dat dote gëtt ganz erschweiert an dat ass och gutt esou.

Zweetens begrëssen ech et, dass am Artikel 3 elo endlech de Minis-

ter d'Gemengen informéiert wat fir eng Commercer mat - wann ech dat esou dierf ausdrécken - engem Caractère érotique à large spectre sech op dem Territorium vun hire Gemenge kënnen niderloossen. Et ass dat e gudd Schrëtt, well ech kann lech soen, haaptsächlech a grouss Lokalitéiten, spréich d'Gemeng Lëtzebuerg, hu mer ganz oft e Frust, wann d'Leit op d'Gemeng jäize kommen a Biergerinitiative maache wéinst iergendengem Etablissement, wat sech an iergendengem Quartier nidergelooss huet, an d'Gemeng muss dann emol schnell kucken, wien a wat dat ass a wéi d'Modalitéiten do sinn. Do soen ech wierklech der zoustänneger Kommissioun merci, dass mer op dee Wee gaange sinn, well dat hëllef de Gemengen an hirer Gestioun vun deene Commercer ganz vill.

Ech wollt awer och hei nach der Madame Wagener merci soen. Mir hu versicht nach ze probéieren, fir dass bestëmmten Etablissementer géifen enger extra Autorisatioun ënnerluecht ginn op Grond vun enger Resolutioun, déi d'Chamber eestëmmeg 2002 ugeholl huet. Mir kruten eis zwar awer net duerchgesat.

Ech muss awer der Madame Wagener merci soe fir hir Perspicacitéit, well et ass ni ze spéit, fir et besser ze maachen an, Madame Wagener, wie weess, wat an den nächste Jore kënnt. Jiddefalls hate mir mol schonn ee gudden Effort gemaach, an eis Männer hu mir op d'mannst un d'Nodenke kritt, a vläicht gëtt et spéider och nach eng kéier e Merci.

Well et muss jo awer net sinn, dass müssen op eemol Informatiounen vum Parquet an der Press publizéiert ginn, iwwert dat, wat mir scho jorelaang als Fraen hei an der Chamber soen, nämlech dass mir e reale Problem hu mat Traite des femmes. Da müssen d'Kommunikatiounen komme vum Parquet, dass dat esou ass, fir dass op eemol all Mënsch trotzdem awer misst d'Nécessitéit agesinn, dass bestëmmten Etablissementer vill méi enk géife gekuckt ginn, ier se sech kënnen etabléieren.

Drëtte Punkt. Mir leeë bei dem Zougank zur Niderloossungsprozedur e stäerkeren Akzent op d'Formation. Hei geet et manner ëm déi eigentlech beruflech Qualifikatioun, déi natierlech muss duerch Diplomer beluecht ginn, wéi ëm d'Beweiser, dass een eppes vu Betriebsféierung versteet. Mag sinn, an dat ass jo eppes, wat mir ëmmer hei an deser Chamber uprangeren, dass duerch dëst Gesetz nach e bësse méi Papeierkrom ufält, mä der Wirtschaft am grouss Ganzen ass et méi zoutrüglech, dass mir e Chef d'entreprise hunn, dee weess, wéi een e Betrib féiert, an déi Saach engagéiert ugeet, wéi een, dee just eppes ausprobéiere wëllt a riskéiert falsch Décisiounen fir de Betrib ze huelen, well den einfach net genau weess, wéi eng Verpflichtungen op en zoukommen. Am zweete Fall ass dann d'Faillite jo scho virprogramméiert.

Dat ass schlecht fir d'Leit, déi do schaffen. Et ass net nëmme schlecht, et ass eng richtig Katastroph. Et ass schlecht fir Entrepreneuren, déi mat der Entreprise zesumme Kontrakter hunn, well déi gi meeschtens eidel ass, an et ass och schlecht fir de Stat, deem am Endeffekt och e ganze Koup Geld verluer geet.

Elo stellt d'Fro sech: Wéi kommen ech un déi Qualifikatioun? Abee, do gëtt et jo eng Offer, déi an de leschte Jore stänneg ausgebaut ginn ass, an och nach virun ausgebaut gëtt. Säit 1999 ass d'Formation professionnelle continue bekanntlech staark ausgebaut ginn. D'Educationsministesch Anne Brasseur huet gekuckt, fir den Accès dozou méi lichter ze maachen, an d'Betreiber dozou ze encouragéieren, fir méi doranner ze investéieren. Mä et ass och gekuckt ginn, dass d'Erwuessenebildung



vereinfacht gëtt, a schliesslech läit säit dem 4. Mee e gesetzleche Projet iwwer den Accès individuel à la formation professionnelle continue vir.

Dat heescht also, dass een, dee sech wëllt selbststänneg maachen an eng Iddi, déi en huet, konsequent verwicklechen, eng ganz Rei vu Méiglechkeeten huet, fir sech déi Fäegkeeten unzëeegen, déi e brauch, fir dat ze maachen. Meng Partei wäert dozou bäidroen, dass dat och an Zukunft esou bleift.

A fënneftens, Här President, begrëssen ech et wierklech, dass mir vun der Geleeënheet profitéiert hunn, sämtlech kommerziell Beruf-fer dësem Gesetz ze ënnerwerfen a fir eng ganz Rei vu Beruffer kloer ze definéieren, an domat och d'Zougangskritären zur Onofhängegkeet an dëse Beruffer genee festzeleeën. Et ass gutt fir déi Leit, déi sech wëllen an deem engen oder deem anere Beruff engagéieren, well se prezis wëssen, wéi eng Konditiounen se erfëlle mussen. An et ass natierlech gutt fir d'Verbraucher, déi Servicer vun dëse Professionellen an Usproch huelen, dass se dovır kënnen sécher sinn, dass si et mat seriöse Leit ze dinn hunn, well déi jo schonn hu misse Rechenschaft iwwer hiert Kënnen respektiv a verschiddene Fäll hir finanziell Réckhand ofleeën, ier se direkt mam Client ze doe kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetz brénge mir de Mëttelstand weider, well mir hei iwwert d'Gesetz an natierlech mat der Zoustëmmung vun de betraffene Kreesser d'Nidderloosungsgesetz mat méi Prezisioun a mat méi Qualitéit verbannen. Et kënnt och zu enger gewësser Vereinfachung vun de Prozeduren, wat jo ëmmer ganz positiv ass.

Dofir bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Text. Ech wënschen der nächster Chamber eng glécklech Hand bei der Emsetzung vun deene Gesetzesprojeten, déi de Mëttelstand betreffen. Et gëtt der jo nach eng Partie, déi elo scho virleien. D'Entwécklung vum Betribsëmfeld, vun den Technologien a vun der europäescher Réglementatioun wäert regelméisseg neier bréngen. D'DP wäert och an Zukunft doriwwer waachen, dass si mat Bléck op de Mëttelstand ausgeschafft ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Merci, Madame Beissel. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Jacques-Yves Henckes ageschriwwen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Merci, Här President. Ech mengen, et ass gutt, dass um Enn vun dëser Legislatur, souguer de leschten Dag, wann et muss sinn, e Projet, deen de Mëttelstand ugeet, an der Chamber nach kann zur Diskussioun kommen.

Mir hu relativ laang op dee Projet gewaart; souguer schonn ënnert der viregter Legislatur ware schonn d'Modifikatioune virprogramméiert. Si kommen elo um Enn vun dëser Legislatur eréischt zur Diskussioun an zur Entscheedung hei an der Chamber, mä dat Wichtegst ass, dass et finalement elo um Pabeier läit.

Dat, wat ee muss festhalen, dat ass, dass mir duerch de Gesetzesprojet verschidde Professionen, verschidde Beruffer reglementéieren an enger Kontroll ënnerwerfen, an do ass notament een, bei deem mir ganz staark begrëssen - dat ass dee vum Immobilienhändler -, dass en elo endlech reglementéiert gëtt, well et gesäit een, dass e gudden Deel vun deem schlechte Ruff, dee verschidden Immobilienhändler hunn, net op deene professionellen Immobilienhändler läit, mat op deenen, déi dat esou niewebäi maachen a bei deene manifestement d'Professionalitéit feelt.

Et ass do, wou mir ganz vill Mësstänn matgedeelt kritt hunn a wou et elo Zäit gëtt, dass déi sech och enger Autorisatioun ënnerwerfen. Mä et wäert héchstwahrscheinlech awer net duergoen, dass mir eng Autorisatioun ginn. Et muss och preziséiert ginn an Zukunft wéi déi Agents immobiliers musse schaffen, dat heescht, dass se alleguete mussen e Mandat kréien, wou verschidde Prezisiounen an d'Aarbechten tëschent dem Mandataire a Mandant kloer festgeluecht ginn, wat d'Obligatiounen vun deem engen a vun deem anere sinn. Ech mengen, et ass essentiell, fir eng Moralisatioun an deem Gebitt do ze kréien.

De Fait, dass d'Syndicen an d'Administrateurs de biens och ënnert d'Gesetz falen, ass positiv, grad ewéi dass festgehalé gëtt am Gesetz, dass awer déi Leit net drënner falen, déi eng Funktioun vun Syndic hunn oder vun Administrateur de biens oder vu Promoteur immobilier, wou si selwer fir hiren eegenen Appartement, wou se Copropriétaire sinn, Funktiounen vu Syndic exzerzéieren, respektiv wa se eng Activité de promotion immobilière fir sech selwer maachen. Ech mengen, dat ass och net den Zweck vun der Übung, mä déi, déi hei viséiert sinn, dat sinn déi, déi effektiv e Commerce draus maachen, dat heescht répétitiv där Aarbechten do maachen.

Elo muss ee kucken, awéifern dat bei Verschiddenen awer bal zu engem Beruff gëtt, well verschidde Privatleit eng gréisser Fortune hunn an dat awer kontinuierlech kënnen maachen, do wäert de Minister héchstwahrscheinlech déi eng oder déi aner Demande awer nach kréien. D'Gesetz léisst also nach eng Interpretatioun zou.

Den zweete Punkt, dee viséiert ass, dat ass de Kampf géint déi sou genannte Bréifkëschtfirmen, an do gëtt ënner anerem festgeluecht, dass se missten, ech zitëieren, e „siège d'exploitation approprié“ hunn. Dat ass e schéint Wuert, mä et heescht awer och, dass deen Text en tant que tel, och zu Interpretatiounen wäert Ulass ginn an dass de Minister do wäert mat munche praktesche Situatiounen konfrontéiert ginn, déi net ëmmer ganz einfach ze léise wäerte sinn.

Ech wëll nëmmen ee Beispill ugin. Et ass méiglech, dass een e Siège d'exploitation approprié huet, wann een eng Location temporaire an engem Immeuble commercial huet, fir verschidde Büren do ze hunn. Dat schéngt mir och e Siège d'exploitation approprié ze sinn. Ech weess net, wéi de Minister déi Saachen do wäert apprécieieren. Et ass kloer, dass mir hei gegebenefalls nach eng Keier mussen d'Gesetz op de Leescht huelen, wa mir géinge gesinn, dass entweder déi Exigenzen ze vill restriktiv, ze vill extensiv vum Minister ausgeluecht ginn, respektiv, wann et sech géif erweisen, dass herno de Siège d'exploitation approprié de facto géing net méi an d'Wagschal falen. Dat Wichtegst ass, dass mir elo dem Gesetz eng Chance ginn, fir sech ze bewähren, an da mussen mer en Audit vum Gesetz, vun der praktescher Applikatioun maachen.

Da gëtt och gehofft, dass mer mat deenen heite Mesuren d'Failliten en cascade kënnen évitéieren. Do hunn ech e bësselche meng Zweifel drun, och ob den Text wéi en hei virläit, ob et mat dësen Dispositiounen duergeet. Well mir gi vun der Iddi aus, dass déi Persoun schonn diviséiert ass, déi Schwierigkeete kënnt kréien, dat ass déi, déi en faillite deklaréiert ginn ass. Or de Problem vun de Failliten en cascade ass justement, dass mer Leit hunn, déi, wa se mierken, dass se a Faillite kommen, wann et ufänkt méi schlecht ze goen, schonn eng nei Autorisatioun ufroen. Si sinn also nach net a Faillite, de Betrib leeft am Prinzip nach iwwer a Joer, kann esou roueg weiderlafen. Do gesäit een, dass de Minister vun

de Classes moyennes als solche machtlos ass géint esou Aktivitéiten vun esou Leit.

Do brauche mer parallell dozou och eng Reform vun der „banqueroute frauduleuse“ an eng Reform vun der Faillite en tant que telle, notament wat d'Curateuren ugeet. Mir mengen, dass et wichtig ass, dass de Curateur soll waméiglech e Professionelle sinn, deen d'Tricks alleguete kennt an deen deen Ablack och dem Ministère méi séier ka verschidden Informatiounen ginn.

**(Interruption)**

**M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.** - Da muss een awer dräi Joer zrëck weise wat ee mécht. Ech mengen et weess een awer net dräi Joer virdrun, wann eng Faillite en cascade soll kommen. Fir eng nei Autorisatioun ze kréie muss een dräi Joer zrëck d'Honorabilitéit bewisen, an ech mengen do huet de Minister dann awer d'Méiglechkeet, nozefroen.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - De Minister kann nofroen, mä et ass bis elo keng Faillite, d'Honorabilitéit vun de Leit ass dran. Ech kann lech soen, dass mer eng etlech där Fäll haten, an de Minister kennt der och, wou déi Kloerstellung do net esou liicht ze bewerkstelligen ass. Dofir plädéiere mer jo och net fir hei eppes an dësem Gesetz ze maachen, mä de Curateur soll e Professionelle sinn, en Affekot, deen dat systematesch mécht.

Dat Zweet ass, dass mer d',banqueroute frauduleuse“ en tant que telle nei definéieren, dat heescht, dass deen Ablack wou eng Infractioun, eng Violatioun vun den Obligatiounen, déi d'Banqueroute duerstellen, festgestallt ass, direkt de Ministère des Classes moyennes informéiert gëtt, an dass deejeinegen direkt condemnéiert gëtt. Et kann net esou sinn, dass dat sech iwwer Joren erauszitt ier de Minister do eng Informatioun kritt, well d',banqueroutes frauduleuses“ net poursuivéiert ginn oder et relativ laang dauert bis e konkludent Resultat erauskomm ass.

Dat ass eng vun de Reformen, déi mer musse maachen, well déi Leit, déi esou schaffen, wat ee ka Wirtschaftskrimineller nennen, si mat alle Waassere gewäsch, an do mussen mer och um Niveau vun der Justiz verschidde Reformen duerchzéien, soss kréie mer dat heiten net an de Grëff.

Dat Zweet ass, et dærf awer och net esou sinn, dass een, deen eng Keier Faillite gemaach huet, net méi dærf herno e Betrib grënnen, an dat souguer kuerz Zäit duerno. Ech wëll just nëmmen ee Beispill ginn, dat ass de Bill Gates, den ablécklechen Direkter vu Microsoft. Deen hat selwer eng Keier Faillite gemaach an e krut aacht Deeg drop awer nees eng Genehmigung fir en neie Betrib opzesetzen, wat du Microsoft ginn ass.

Dofir muss een och do kucken, dass de Minister hei eng Mooss hält, eng Appréciatioun behält natierlech, déi wichtig ass, fir dass mer net en Iertum oder eng Malchance oder de Fait, dass an engem Betrib geklaut ginn ass, dass Sue verschwonne sinn, dass do duerjer eng Faillite entstanen ass, dass also do en Élément d'appréciation awer nach muss bestoe bleiwen. Mä et ass kloer, dass d'Gesetz, esou wéi mir et hei virleien hunn, verschidde weider Handhabe gëtt. Mä de Problem en tant que tel mengen ech wäert awer nach net ganz geléist sinn.

Da komme mer op d'Qualifikatiounen. D'Études universitaires vu véier Joer si ganz oft hei ugeschnidde ginn. Och do mengen ech, dass mer héchstwahrschein-

lech d'nächst Joer scho mussen aberaumen, dass et e Minimum vu fënnef Joer muss sinn, well mer um europäeschen Niveau décidéiert hunn, keng Universitätsstudie méi unzeerkennen, déi net weinstens fënnef Joer hunn, an dat, wann ech gutt informéiert sinn, vum 1. Januar 2005 un. Dat heescht, dass mer also och do héchstwahrscheinlech an nächster Zukunft mussen eng Adaptatioun maachen, well den Evolutiounen muss ee Rechnung droen. Déi véier Joer si valabel natierlech fir déi Zäit virdrun, mä deen Ablack wou déi europäesch Direktiv voll zum Droer kënnt, musse mer natierlech och domat nozéien an op fënnef Joer goen.

En anere Problem, deen an der Kommissioun diskutéiert ginn ass, an den Här Koepp huet mer dovun erzielt, dat ass déi Definitioun vum Agent artistique, wou och den Här Rapporteur dovunner geschwat huet. A mengen Aen ass dat dote keng Activité commerciale. All Dispositiounen, déi et am Ausland gëtt, considéieren dat als eng Profession libérale, déi also net kéint reglementéiert ginn.

Och dat schéngt mer relativ wäit ze goen, d'autant plus dass den Agent artistique net nëmmen eppes mat Cabareten ze dinn huet, mä et kann och den Agent artistique vun engem ganz bekannte Museker oder Sänger sinn, oder vun enger Grupp, Rockgrupp, oder wat et soss eben ass. Et ass also ganz geféierlech wann een op dee Wee do wëllt goen, an dofir ass déi Léisung, déi d'Kommissioun finalement zrëckbehalen huet, awer gutt, dat heescht besser näischt ze maachen hei wéi op eng Keier verschidde Saache matenaner ze vermëschen, déi net gutt sinn an déi och um europäeschen Niveau total falsch gewiescht wären.

Dann déi Léisung, déi virgeschloe ginn ass fir d'Établissements à caractère érotique. Ech weess, dass et do a verschiddenen Dierfer, och a verschiddene Quartiere vun der Stad Lëtzebuerg, Schwierigkeete gëtt, wann op eng Keier an engem Quartier oder an enger klenger Uertschaft en Etablissement etabliert gëtt, wou eng etlech Leit sech doriwwer iergeren, dass se dann eng Noperschaft kréien, déi se nuets e bësselche méi wakereg mécht, wou vill Autoen do bäifueren an dann nees fortueren.

Ech mengen, dass et natierlech schwéier ass, eng Léisung ze fannen, fir dat doten an de Grëff ze kréien, well et wär och schlecht wann een déi Aktivitéiten net géing autoriséieren oder wann ee se géing total verbidden, well da geschéien se occulte, an dat ass vill méi schlecht wéi de Fait, dass se eng offen Autorisatioun froen. Dat wat een awer misst kucken, dat ass ob ee bei den Enseignes lumineuses an Ähnlechtem, wat heiansdo dobäikënnt, net kéint e bësselche méi gedam virgoen. Mä dat gehéiert och net an dës Gesetzgebung eran.

Dat gesot, kënnen mir als ADR mat deem Projet d'accord sinn, sauf dass ech e bësse bedauern, dass hei am Gesetz nees eng zousätzlech administrativ Aarbecht fir d'Betriben festgeluecht gëtt, dat ass, dass de Changement d'adresse dem Minister vun de Classes moyennes muss matgedeelt ginn. Ech verstinn, dass de Minister dat wëllt hunn, mä ech hätt et éischer gesinn...

**Une voix.** - Si musse jo eng Autorisatioun hunn.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Jo, ech menge wa Modifikatiounen kommen, ech hätt éischer geduecht, dass am Kader vum eGovernment a vun engem Registre de Commerce, deen uerdentlech funktionéiert, also deen amgaangen ass jo elo reforméiert ze ginn - mä et ass nach eng Zäitche bis dat un d'Rulle kënnt - et

esou ass, dass de Ministère direkt Zougrëff misst hunn op dee Registre de Commerce an op all Donnéeën, déi dohinnerkommen, an dass do déi Interconnexioun vun den Datebanke misst automatesch sinn.

Dat wëll ech just nëmme mat ervisträichen, dass mer där Saachen do eng etlech ëmmer décidéieren, well mer op anere Gebitter net virugemaach hunn, well dëse Stat et verpasst huet, fir e moderne Stat ze ginn, fir en eGovernment duerchezéien. Dat wäert héchstwahrscheinlech eng vun den Aarbechte sinn, déi déi nächst Regierung muss maachen, dat heescht sech ganz seriö dofir asetzen, fir dass déi administrativ Aarbechte bei de Betriber zrëckginn. An dat schéngt an onsen Aen nëmmen iwwert de Wee ze goen, dass een e Minister vun dem Mëttelstand huet, deen dat à plein temps mécht, anstatt dass en dat mat engem anere Ministère muss mat verbannen.

**(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

Dat gesot, ginn ech den Accord vum ADR mat engem klengen „oui, mais“ zu dësem Gesetz.

**M. le Président.** - Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. De Rapport vun der EU-Kommissioun iwwert d'Concurrence dans le secteur des professions libérales kritiséiert den héijen Niveau vu Réglementatioun, deen an deene Beräicher géif herrschen an deen duerch de Stat oder d'Organisations professionnelles géif imposéiert ginn. Dëse Rapport, deen Ufank vun dësem Joer erauskomm ass, reit sech an an déi Logik vu Liberaliséierung vum ekonomesche Secteur, déi als Zil méi Kompetitivitéit a wirtschaftlech Aktivitéit an Europa huet. Eng Logik, déi mir awer als Gréng ëmmer erëm kritiséiert hunn.

Et ass richtig, dass et a verschiddene Beräicher protektionisteschen Versuch vu verschiddene Staten - och vu Lëtzebuerg, géif ech mengen - ginn ass a gëtt, fir national Spillweise fir déi eegen Ekonomie ze erhalen. Et ass och richtig, dass et a villen EU-Länner nach Beruffsorganisatiounen gëtt, déi versuche sech hir Parts de marché doduerch ze sécheren, dass se neie Betriber den Accès erschwéieren. Mä et huet sech awer och längst erweisen, dass d'fräit Spill vun de wirtschaftleche Kräften op engem Marché ouni Regele virun allem zu méi Konzentratioun, zu Aarbechtsplazoffbau an zu Qualitätsverloschter féiert.

An et gëtt och aner besser Grënn wéi déi vum Protektionismus fir Réglementatiounen ze erhalen oder auszebauen, zum Beispill fir d'Qualitéit vun de Produkter a Servicer a verschiddene Beräicher op engem héijen Niveau ze halen, zum Beispill fir de Risiko vu Failliten ze reduzéieren oder och fir géint d'Wirtschaftsdelinquenz a -kriminalitéit virzegoen.

Et ass dofir am Fong interessant, dass deen heite Projet eigentlech guer net an déi Richtung geet, déi d'EU-Kommissioun proposéiert, mä dass en trotz enger Rei vun administrativen Vereinfachungen an der Aféierung vu méi flexibelen an adaptéierten Etablissementsmechanismen am Fong nach higeet a weider Professionen reglementéiert, d'Kontrollmechanisme verstäerkt an den Etablissement méi strenge Konditiounen vu berufflecher Qualifikatioun ënnerwerft. Dat ass am Fong eng diametral opposéiert Richtung wéi déi, déi d'EU-Kommissioun verlaangt, dass mer sollen aschloen.

Et kéint een awer an deem Kontext d'Fro opwerfen, firwat sech dës Regierung net genausou weéng wéi aner Kräften um nationalen an och um europäeschen Niveau méi



staark fir eng europäesch Harmoniséierung vun esou Normen a Réglementatioune géif asetzen, well dat wär eiser Meenung no am Fong déi adequat Antwert op déi liberalistesche Logik, déi vun der EU-Kommissioun ausgeet. Wann een dës Logik net méi offensiv entgéintsteiert, dann ass et vläicht just eng Fro vun Zäit bis dass esou Gesetzzer wéi dat, wat mer haut hei stëmmen, dat jo spezifesch Conditions d'accès virgesäit, inkompatibel mat EU-Direktive ginn.

Dee genannte Rapport, deem ech elo virdrun zitëiert hunn, nennt zum Beispill eng Proposition de directive iwwert d'Servicer am Marché intérieur, wou besonnesch d'Professions libérales viséiert sinn. Oder och d'Proposition de directive iwwert d'Reconnaissance vun de Qualifications professionnelles, wat jo och eppes mat deem heite Beräich ze dinn huet.

Dir Dammen an Dir Hären, no dësem méi generelle Bemierkunge wëllt ech op de Projet de loi agoen, mä ech wëllt awer hei just zwee vun deene Punkten erausplécken, déi eis als Kommissioun beschäftegt hunn an déi net nëmme weisen, dass d'Noutwendegkeet vu vernetztem Denke viru kengem Politikberäich Halt mécht, mä déi och, wéi den Zoufall et esou wëllt, zu deene Sujete gehéiere mat deenen ech mech an deenen zéng Joer, wou ech an deem héijen Haus hei war, vill beschäftegt hunn.

Dat eent ass d'Recht vum Individuum fir säi Liewe fräi ze gestalten, an dat anert ass d'Recht vun de Fraen iwwer sech selwer ze bestëmmen. Éischtens de Lien tëschent dem Droit d'établissement an der Aféierung vum Partenariat: Wéi Der wësst, hu mer jo d'lescht Woch dat Gesetz hei diskutéiert an et ass och vun der Majoritéit gestëmmt ginn. Ech hat schonn drop higewisen, dass et eng ganz Rei vu Gesetzzer géif ginn, wou am Moment op Grond vum Mariage Privilegien oder Exklusivounen bestënn a wou d'Fro sech opdrängt, ob d'Partner vun engem enregistrierte Partenariat do sollt mat den Epoux gläichgestallt ginn oder net. Dat heiten ass esou ee Gesetz.

Méi konkret ass et ëm d'Problematik gaangen, wann eng Koppel e Betrib féiert: Bis elo war et jo schonn esou, dass bei engem Stierfall oder bei Invaliditéit vum Patron ënner gewësse Voraussetzungen d'Autorisation d'établissement konnt iwwerdroe ginn op de bestuetene Partner an deem Fall, fir deem iwwer bliwwene Partner dann d'Iwwernahm vum Betrib méi einfach ze maachen. Hei hat den Här Rapporteur en Amendement eraginn, wou mer och vill an der Kommissioun driwwer diskutéiert haten, mä wou mer eis awer och all eens waren, dass dat och am Fall vum Divorce sollt gëllen. D'Commission des Classes moyennes war sech och eens, dass dat da par analogie och sollt fir de Partenariat gëllen. D'Kommissioun hat also hei ganz wäitsichteg virausgeduecht a schonn am Fong virum Vote vum Partenariatsgesetz esou eng Dispositioun virgesinn.

De Statsrot huet eis déi Fortschrittlechkeet net gedankt, mä huet eis zréckgepaff. Ech sinn awer iwwerzeegt, dass esou Bestëmmunge wéi déi heiten an Zukunft nach eng Kéier zréck wäerten op de Métier kommen, respektiv nach kniwwelech Froe wäerten doriwwer opwerfen, wou de Pacs ophält a wou d'Bestiednis ufänkt, wou d'Partner mat den Epoux gläichgestallt ginn a wou net.

Deen zweete Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, ass d'Problematik vun de Cabareten. D'Regierung hat jo am originale Projet schonn eng Dispositioun virgesinn, dass bei enger Demande fir den Etablissement vun engem Cabaret en Avis vun der Gemeng sollt gefrot ginn. Ech weess net, ob dës Dispositioun weinst där Motioun vun der Chamber vum Mee 2001 - oder war

et 2002, dat weess ech leider net méi genau - geholl ginn ass, déi jo och e bëssen eng Spéitfolleg vu menger Interpellatioun iwwert de Fraenhandel war an déi a ville Méint Diskussioun an der Commission juridique an an der Commission de l'Égalité zustane koum.

Op alle Fall war déi Dispositioun am Projet de loi relativ wäit ewech vum Text vun där Motioun, déi mer unanime heibanne gestëmmt haten a wou ënner anerem gefrot gi war, dass eng spezial Autorisationsprozedur fir d'Cabarete sollt agefouert ginn. An anersäits stoung an där Motioun och, dass d'Aktivitéit vum Agent artistique sollt reglementéiert ginn.

Iwwregens wollt ech do och eng Klamer opmaachen. Mäi Virriedner huet elo hei gesot an aneren europäesche Länner géif et dat och net ginn, dass déi Aktivitéit reglementéiert wär. Ech hu selwer erausfonnt, dass dat zum Beispill a Frankräich de Fall ass.

Ech hunn op alle Fall du selwer zwee Amendementer eragereecht, fir eben dës Punkten aus der Motioun an deem heite Projet de loi kënne mat ëmzesetzen. Et muss ee soen, dass am Ufank d'Commission des Classes moyennes do net esou eng ganz rühmlech Roll gespillt huet an där Matière, mä dass se weder d'Amendementer nach déi timide Initiativ vun der Regierung wollt zréckbehalen, an et huet misse Bréiwer vum President vun der Commission juridique a vun der Commission à l'Égalité des chances duerch d'Fieder vum Här Mosar a vun der Madame Nicklaus-Faber ginn, fir dass et dunn zu engem iwwerraschenden Émdenke komm ass, a vläicht war do och nach Drock vun anere Plazen am Spill, dat weess ech net.

D'Kommissioun huet zwar dunn dee Virschlag net zréckbehalen, fir de Beruff vum Agent artistique ze reglementéieren, si huet awer zumindest festgehalen, dass den Etablissement vun engem Cabaret an Zukunft net einfach ënner enger Bistrotsautorisation leeft, mä dass eng spezifesch Autorisation muss délivréiert ginn, an dat wäert vläicht zumindest dozou bäidroen, dass an dësem Beräich méi Kontroll a méi Informatioun entsteet. Dat ännert vläicht net substanzieel eppes un der Problematik, et setzt awer vläicht d'Cabaretieren e bësse méi engem gewëssen Drock vun den öffentlechen Instanzen aus.

Wat am Moment vläicht méi substanzieel aschleët, an domat erlaben ech mer eng kleng Klamer opzemaachen, dat ass d'Décisioun vun der Regierung fir endlech d'Autorisation de séjour pour artistes ofzeschaffen, wat iwwregens och eng Fuerderung war, déi an där Motioun enthalen war. Ech maache mer net d'Illusioun, dass domat de Problem vum Fraenhandel zu Lëtzebuerg vum Dësch wär. De Risiko ass duerchaus do, dass dee System erëm nei oploft an iwwer Visa touristique leeft oder vläicht och an der kompletter Illegalitéit.

Trotzdem muss een awer feststellen, dass mat dëser punktueller Mesure vum Justizminister vun engem Dag op deen aneren e System gestoppt ginn ass, dee Jorzéngte gedauert huet. An et freet ee sech, firwat dat net schonn éischter konnt geschéien, firwat dee politesche Courage bis elo net do war.

Mäi Verdacht ass, dass et vläicht manner op Grond vun där genannten Interpellatioun a vun der nofolgender gemeinsamer Motioun war, wéi op Grond vun engem internationalen Drock, deen op Lëtzebuerg ausgeübt ginn ass, dass et dozou komm ass. Mä déi parlamentaresch Initiativen hunn awer sécherlech dozou bäigedroen, dass de Justizminister sech zur Ofschaffung vun deene Spezialvisaen duerchgerongen huet.

Zesumme mat där neier Dispositioun an deem heite Gesetz kéint

dat also elo vläicht fir méi Transparenz a Kontroll, an am Einzelfall och dozou féieren, fir déi Ausbeutungsrisiken, mat deenen Artistes de cabaret konfrontéiert sinn, ze reduzéieren.

Här President, ech hat scho virdru gesot, ech hat och en zweeten Amendement presentéiert, an zwar fir d'Aktivitéit vum Agent artistique och an dësem Gesetz ze reglementéieren, well déi Figur an deem ganze Mechanismus vum Trafic an Handel mat Fraen eng zentral Roll spillt. Dat ass am Ausland - ech hunn et virdru schonn ugeschnidden - plazeweis de Fall, och wann et net spezifesch ëm de Beräich vun den Artistes de cabaret geet, sondern a priori déi sou genannte richteg Artiste gemengt sinn. Mä dat wär eigentlech fir mech kee Problem gewiescht; de Phänömen vum Abus vun ekonomescher Dependenz duerch esou Agenten a Vermëttler gëtt et nämlech net nëmme bei de sou genannten Cabaretsartisten - vläicht muss een och Prostituéiert soen -, déi aus Osteuropa oder aneren Drëttstater heihinner kommen, mä et gëtt en och a Beräicher wéi der Moud, dem Sport oder souguer der richteger Konscht.

D'Kommissioun ass net mat op dee Wee gaange mam Argument, domat géif een enger zweifelhafter Aktivitéit eng Honorabilitéit accordéieren, déi hir net géif zoukommen. Ech muss soen, ech hunn dat en interessant Argument fonnt. Ech bleiwen awer bei menger Meinung, dass, wann een net reglementéiert, een dann hei just d'Aen zoumécht virun engem Problem.

Trotzdem, Dir Dammen an Dir Hären, kann een awer hei vun enger ganz klenger Victoire schwätzen, déi mir hei erreecht hunn, an de parlamentaresche Betrib ass nummen een, wou éischter méi kleng Bréidercher gebak ginn, fir am Jargon vum Droit d'établissement ze bleiwen; eng kleng Victoire, déi mech un déi berühmte Päiperletheorie erënnert, déi jo seet, dass de Fligelschlag vun engem Päiperlek eng Ketterreaktioun kann a Bewegung setzen.

Ech hu mir nämlech gëschter d'Méi gemaach fir meng Untrëttsried vum 1994 nach eng Kéier nozeliesen, an ech hunn eppes do festgestallt, wat ech selwer total vergiess hat, nämlech dass ech deemools eng Resolution déposéiert hat, fir eng Chancëgläichheetskommisioun an deem Haus hei anzeféieren. Dat war also 1994 eréischt, wou heiriwwer fir d'éischte Kéier an deem Haus diskutéiert ginn ass. An déi komplizéiert Entstehungsgeschicht vun där Kommissioun - Verschiedener erënnere sech vläicht nach - seet schonn alleng eppes iwwert d'Sensibilitéit deemools fir de Sujet vun der Condition féminine aus.

Op alle Fall ass déi Resolution, fir esou eng Kommissioun ze schaffen, awer deemools ugeholl an och ëmgesat ginn, an niewent aneren Aarbechte war et dann dunn déi Kommissioun, wéi ech et virdru geschildert hunn, déi zesumme mat der Commission juridique déi genannte Motioun ausgeschafft huet, an déi Motioun war et dunn, déi an den Aarbechte vun der Commission des Classes moyennes zu dësem Projet de loi eng wichteg Roll gespillt huet. Sou dass ee gesäit, wat alles aus esou Initiative kann entstoën, a wéi se dann awer nach, souguer nach e Jorzéngt méi spéit, kënne Spuren hannerloossen.

Dat gesot, Här President, wëllt ech just nach dem President vun der Commission des Classes moyennes, wou ech just kuerz Zäit d'Éier hat mäi Kolleg Robert Garcia dierfen ze ersetzen, e Luef fir seng exemplaresch fair a sachlech Leedung vun den Diskussiounen auszuschwätzen, déi mir do ge-

fouert hunn. An ech wollt dann eng leschte Kéier den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

■ **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, just e kuerzt Wuert zu dësem Projet. Den Här Hauptert sot am Ufank, wéi en op d'Tribün komm ass, wann de Mëttelstandsminister eng Kéier e wichtige Projet depnéiert, da feelen der vill - en huet op d'Bänke gekuckt -, da sinn net vill Leit do, fir nozelauscheren. En huet dat bedauert. An der Zwëschenzäit huet de Sall sech gefëllt. Effektiv ass dat heiten e ganz wichtige Projet.

Ech soe fir d'éischt dem President vun der Kommissioun merci, sou wou wéi all meng Virriedner et gemaach hunn, fir déi Aart a Weis, wéi déi Kommissioun geleet ginn ass. Ech war - ech si jo och ewell schonn 20 Joer an deem héijen Haus - a weinege Kommissiounen dobäi, wou esou intensiv diskutéiert ginn ass vun alle Bänken a wou e Projet erauskomm ass, dee wierklech och vun alle Leit gedroe gi kann a gedroe gi muss.

Ech soen och dem Rapporteur merci fir dee sachleche Rapport, deen en ofginn huet; och hien huet ganz vill Mériter un deem Projet.

De Projet 5147, deen ännert d'Gesetz vun 1988 ëm an deem Sënn, dass en deelweis komplementär dozou ass, e kompletéiert et, deelweis moderniséiert en et, an et kënnt een elo dat maachen, wat verschidde Riedner ugepaakt hunn, nämlech de Wäert vum Mëttelstand fir Lëtzebuerg ervirzesträichen.

Ech sinn hei der Meenung, dass virun allem verschidden Neierungen an dësem Gesetz sinn, déi e bëssen an der Diskussioun ënnergaange sinn. Fir d'éischt gi verschidde Beruffer mol definéiert an de Wäert vu verschiddene Beruffer gëtt ënnerstrach. Hei taucht zum Beispill de Beruff vun Architecte d'intérieur op, hei gëtt definéiert d'Qualification professionnelle vum Innenarchitekt mat engem Minimum vun dräi Joer. Mir schwätzen iwwer Architectes paysagistes, fir déi véier Joer op d'mannst gefrot sinn. Virun allem ginn d'Beruffer, déi a Relatioun sti mam Immobiliengeschäft, hei op de Pabeier bruecht.

Dat sinn nei Beruffer, dat sinn nei Qualifikatiounen, déi deelweis sech elo verselbststännegen. Ech wollt doraus ofleeden, dass dat Gesetz hei en Ufank mécht. D'Entstehung vun de Beruffer an d'Qualifikatioun, déi ee sech iwwer Schoulen erschafft, deem si keng Grenze gesat. An dat Gesetz hei verlaangt no engem Suivi, deen um Niveau universitaire an um Niveau vun der Qualification professionnelle muss onbedéngt gemaach ginn. Dat ass déi éischt Konsequenz, déi sech aus dësem Gesetz ergëtt.

Zweete Punkt, deen ech och ganz kuerz wollt uschnëden. Mir hu geschwat iwwer Spectacles érotiques, iwwer Cabarets, iwwer Commerce érotique. D'Madame Wagener huet hir Mériter dodrun, dass verschidde Saachen dra komm sinn an d'Gesetz. Ursprénglech war en Avis vun der Gemenge gefrot ginn, wann esou ee Spectacle oder wann esou ee Commerce sech géif an de Gemengen etabléieren. Dat hu mir erausgeholl. An zwar, ech hunn insistéiert, fir et erauszehuelen, mat folgender Argumentatioun: Nodeem mir d'Gemengegesetz gekuckt hunn an nodeem ee virun allem d'Artikelen 28, 57 an 58 kuckt, da behält de Gemengerot a senger fundamenter Attributioun, fir ze délibéréieren iwwer alles, wat d'intérêt public ass an d'intérêt vun de Gemengen, an dësem Fall.

An ech sinn dogéint, als kleng Buergermeeschter, dass eng Gemeng en Avis ofgëtt, deem net Rechnung gedroe gi muss. Dat kann eng Gemeng ëmmer maachen. Ob een dat Avis nennt oder ob een dat Bréif nennt, domadder mécht de Minister, deen a sengen Attributiounen dann dat entsprechend Institut huet, wat e wëllt. Mä wann een näischt ze soen huet, da brauch een och net iwwert den Avis, deen zu näischt dëngt am Fong, dann eppes auszesoen, wat eventuell souguer keng Majoritéit a kengem Gemengerot fënnt. Mir hunn an eisen Attributiounen d'Salubritéit, mir hunn an eisen Attributiounen d'Propretéit a mir hunn an eisen Attributiounen d'Hygiène publique an de Gemengen, an dat misst duergoen, fir och ze befannen, ob esou een Institut an eng Uertschaft erapasst oder esou een Institut där Uertschaft an deene Leit, déi do sinn, keng Nuisancë bréngt. Dat geet duer.

Et ass eng Fro vu Responsabilitéit vun de Gemengen. Déi ka jiddferen huelen, déi muss jiddfer Conseiller huelen, an domadder ass Rescht bliwwen, dass d'Gemengen informéiert ginn, wann esou eppes ugefrot gëtt, an dann hält d'Gemeng d'Décisioun, fir sech auszedrécken oder sech net auszudrécken an engem Vote public.

Dat gesot, ass et selbstverständlech, dass mir dëse Projet stëmmen. Ech soen och der Madame Wagener villmols merci fir hir Contributioun zu deem heite Projet, fir déi Aart a Weis, wéi se dat gemaach huet, a wéi se och dat, wat erauskomm ass, nach acceptéiert huet. Et ass net e Minimum, mä et war e Maximum, deen dra war.

Villmools merci fir d'Nolauscheren.

■ **M. le Président.** - D'Wuert huet elo den Här Mëttelstandsminister Fernand Boden.

■ **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn natierlech frou, datt dëse fir de Mëttelstand ganz wichtige Projet iwwert den Droit d'établissement, haut nach als leschte Gesetzprojet vun dëser Legislaturperiode gestëmmt ka ginn. Mir wëssen, an et ass e puermol hei schonn ervirgehuewe ginn, datt de Mëttelstand e ganz wichtige Secteur ass, dee 14.000 Entreprises begräift an 130.000 Salariéen huet - dat si 40% vun dem Emploi intérieur.

Ech mengen, souwuel bei dem Projet iwwert d'Loi-cadre, iwwert dee mer viru 14 Deeg geschwat hunn, wéi och haut huet ee festgestallt, datt de Mëttelstand de Moment en héije politesche Stelwäert huet, datt jiddferee seng Importenz ënnersträicht an datt mer villes maache fir him entgéintzekommen. Dat war nämlech och de Sënn an den Zweck vun dem Mëttelstandsprogramm, dee mer ausgeschafft hunn. Wann dëse Projet elo gestëmmt ass, an dat schéngt jo bal eestëmmeg oder eestëmmeg souguer de Fall ze sinn, dann hu mer bal alles vun deem Mëttelstandsprogramm realiséiert.

Ech wëll net nach eng Kéier op dee ganze Programm agoen, mä just un e puer Saachen erënnere, dat sinn d'Steiererlichterungen, déi mer gemaach hunn am Intérêt vum Mëttelstand, d'Lounniewekäschen, déi niddreg gehale gi sinn, keng Aféierung oder keng legal Aféierung vun der 35-Stonne-Woch, héich öffentlech Investitiounen, de Vote vun dem neie Loi-cadre-Gesetz, wat de Mëttelstandsbetrib nei Méiglechkeete gëtt, fir geziilt ze investéieren.

Et ass och déi leschte Kéier gesot an drop higewise ginn, datt déi kleng a mëttel Betriber schonn ënnert deem ale Loi-cadre-Gesetz ganz ganz vill investéiert hunn, also dass ee gesäit, datt se un d'Zu-



kunft gleewen. Dann hu mer d'Gesetz iwwert d'Pratiques commerciales, wat komplett reforméiert ginn ass, wat besonnesch d'Geschäftspraktike vill méi licht mécht, an dann och d'Gesetz iwwert d'Transporteurs, iwwert dat mer jo laang geschwat hunn a wou gewësse Saache wéi den Établissement stable och hei an dësem Gesetz elo iwwerholl ginn, a wéi gesot haut elo d'Reform vum Droit d'établissement-Gesetz.

Dat Gesetz vun 1988 ass e Gesetz, wat och seng Prouf bestanen huet, dat muss ee scho soen. Ënnert dem Empire vun deem Gesetz sinn am Joer 2003 8.342 Dossierien traitéiert ginn. 1990 waren dat der 5.654 - fir e bëssen d'Évolution ze weisen. 1995 waren et der 6.265, 2000 7.100, a wéi gesot elo 2003 iwwer 8.000 Dossierien.

D'Néierloossungsrecht ass eent, wat muss effikass eng ganz Rei vun Aktivitéiten encadréieren, déi ganz verschiddearteneg gelagert sinn. Dat ass den Handel, dat ass d'Handwierk, et sinn eng ganz Rei vu liberale Beruffer. Et ass zu Recht hei drop higewise ginn, dass d'Évolution an déi nei Exigencen an enger ganzer Rei vun Domänen et verlaangt hunn, datt mer d'Gesetz adaptéieren an datt mer eng ganz Rei vu funktionelle Verbesserungen an d'Gesetz erabruucht hunn op Grond vun der Erfahrung, déi mer gesammelt hunn am Laf vun de Joren, wéi - an et ass hei schonn e puermol ernimmt ginn - administrativ Erlichterungen, déi agebaut gi sinn. Ech sinn d'accord domat, datt een ëmmer nach kann e Schrëtt weidergoen, besonnesch wann een d'Informatik ganz notzt. D'Preventioun an d'Bekämpfung vun de Failliten, d'Bekämpfung vu Bréifkëschtfirmen a vu Stréimänner, eng méi kloer Réglementatioun vun der Autorisatioun vu Cabareten a vu Peepshowen, dat sinn nëmmen e puer wesentlech Akzenter an dësem Gesetz.

Ier ech awer op de Fong vum Projet wëll kuerz agoen, wëll ech fir d'éischt e puer Wuert zur parlamentarescher Aarbecht an dësem Zesummenhang hei soen. Et ass scho vun e puer Virriedner gesot ginn, dës parlamentaresch Aarbecht huet jiddferengem Freed a Satisfaktioun bereet.

Et waren eng Partie Deputéiert geschter op dem Landjugenddag zu Klierf. De Motto vun deem Landjugenddag war: D'Landjugend, déi ass faarweg. An an der Mass huet de Jugendchouer e Lidd gesongen, dat huet geheescht „Right or wrong“, richtig oder falsch. Déi Jonk hu sech gefrot: Woufir muss ëmmer alles schwaarz oder wäiss sinn? Wat ass mat all deem, wat do dertëschtent läit? Woufir ginn déi vill Nuancen, déi Faarf an d'Spill bréngen, déi d'Zesummeliwwen an d'Zesummeschaffe méi faarweg maache kënnen, woufir ginn dës vill Nuancen net genotzt? Ech mengen, dat ass eng Fro, déi sech och un eis an un eist politesch Schaffen am Handele riicht, dat besonnesch am Virfeld vu Wahlen.

Dofir sinn ech frou, datt eng Partie Leit hei schonn drop higewisen hunn, datt dës Projet iwwert den Droit d'établissement e gutt Beispill ass, wéi een eng politesch Aarbecht och faarweg an interessant maache kann. Ech soen dofir alle Bedeelegten en härezeleche Merci.

Et ass drop higewise ginn, datt de Projet ausgeschafft ginn ass an enker Zesummenaarbecht fir d'éischt vun dem Ministère mat de concernéierte Beruffsverbänn, mat de Beruffschamberen. Dat huet laang gedauert. Ech mengen, wann de Projet e bësse méi spéit komm ass wéi ech et och gäre selwer gehat hätt, ass dat op eng laang gutt Zesummenaarbecht an dem Streiden och mat de Beruffsverbänn a mat de Chamberen fir e Konsens ze fannen, zréckzeféieren.

An der Chamberkommissioun - et ass drop higewise ginn - ass a ganz ville Sitzungen am Detail de Projet duerchdiskutéiert ginn.

D'Majoritéits- an d'Oppositouns-deputéierten, jiddferee konnt Virschléi maachen a jiddfereen huet der d'ailleurs gemaach. Et sinn Ännerunge suggeréiert ginn. Mir hu versicht gemeinsam dorausser Amendementer ze maachen. Déi sinn dem Statsrot ënnerbreet ginn. Do, wou mir vläicht heiansdo e gemeinsame Fuedem fonnt hunn, huet de Statsrot säin Accord finalment net ginn. Mir hu vläicht net alles dat kënnen erreechen, wat mer wollten. Mä et ass hei eng Aarbecht gemaach ginn, wéi gesot, wou jiddfereen awer bereet war konstruktiv matzeschaffen. Dat geet nëmmen, wann een och bereet ass sech an dës awer technesch Matière mat anzeschaffen.

Ech muss och soen, datt et méi licht ass, wann ee Leit un der Spëtzt huet wéi den Norbert Hauptert, deen eben e Mënsch ass, dee wëllt de Konsens sichen, dee wëllt versiche fir jiddferengem seng Meenung ze héieren an ze respektéieren. Wéi gesot, ech soe merci all deenen, déi an dësem Geescht an der Kommissioun, un dëser Aarbecht matgeschafft hunn. Ech géif hoffen a mer wënschen, datt dat och an Zukunft bei villen anere Projeten de Fall wäert sinn.

Eng Partie vu menge Kolleegen hunn hei och schonn d'Renée Wagener ernimmt, wat haut déi leschte Kéier hei an der Chamber ass. Ech wëll mech deene Wiederer och uschleissen. Hatt huet, an dat huet et grad gesot, eng kleng Victoire erreecht. Et gi kleng Bréidercher hei an der Chamber gebak, dat ass scho richtig. Mä mir wëssen, datt hatt ka ganz haartnäckeg sinn, datt et kann esouguer heiansdo ganz verbasse sinn, wann et drëm geet seng Iddien a seng Meenungen, déi him um Häerz leien - et huet der elo puer ernimmt -, fir déi zum Droen ze bréngen.

Och hei huet, mengen ech, d'Renée et fäerdeg bruecht, deen een oder anere Punkt duerchsetzen. Och wann et net alles erreecht huet, wat et gäre gehat hätt, an dat ass an der Politik eben esou, war hatt awer esou fair, an dat huet mer Freed gemaach a ganz sécher och dem Norbert Hauptert, datt et schlussendlech déi Beméiungen, fir op e gemeinsamen Nenner ze kommen, acceptéiert an honoréiert huet, an herno och fir de Rapport gestëmmt huet.

Also, merci Renée. Dat war ganz flott fir mat dir zesummenzeschaffen. Ech muss och soen, wann eis Iwwerzeegungen net ëmmer grad iwwereneeg gestëmmt hunn, dat ass de bonne guerre, dat ass eben esou, hu mer dach, mengen ech, een deen aneren op eng gewëssen Aart a Weis respektéiert.

Ech bedauern - wéi eng Rei vu Virriedner et och scho gesot hunn -, dass du net méi déi nächste Kéier an der Chamber bass. D'Chamber verléiert ganz sécher domadder e fläisseg an e kompetenten Deputéierten. Mä du wëlls en anere Wee goen. Dat ass d'Wëllen, dee mer alleguerte respektéieren. Mir wënschen dir alleguer vill Freed an och ganz vill Satisfaktioun op deem Wee.

Ech wëll just soen, ech hoffen net, dass du dat méchs, wat ee suggeréiert huet, fir dech ëm d'Mittelstandsproblematik ze bekëmmern. Dat géif deem nächste Minister ganz sécher eng Rei vu Problemer a Suergen maachen. Pour le reste, all Erfolleg an all Guddes, Renée.

■ Une voix.- Très bien.

**(Interruptions et hilarité)**

■ M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Ech wëll där Feier, déi elo an e puer Minute stattfënnt, net virgräifen. Mä erlaabt mer awer an engem Saz trotz allem hei dem Strotzen Néckel merci ze soen, mat deem ech fënnef Wahlcampagnen - Stellt lech dat vir! -, fënnef Wahlcampagnen duerchge-

zunn hunn, erlieft hunn, an ech kann lech eent soen: Am Oste sinn déi Wahlcampagnen intensiv.

**(Hilarité)**

Ech wëll him merci soe fir seng Frëndschaft, fir seng Trei, fir déi onermiddlech - géif ech soen - a virbildlech Aarbecht, déi hien hei an der Chamber an op villen anere Pläng geleescht huet.

Gradesou wéi dem President hei vun der Chamber. Et ass mäi laangjährege Kolleeg, de Jean Spautz, mat deem ech e gutt Stéck Wee zesumme gaange sinn. Ech mengen, ech sinn deen heibannen, dee wahrscheinlech dee längste Wee mat him zesumme gaangen ass, fir d'éischt an der Chamber an der Oppositioun - dat war net oninteressant, ech wëll dat soen - du während 15 Joer an der Regierung, a mir si bis haut op jidde Fall ëmmer gutt Frënn gewiescht, an dës Frëndschaft huet sech heiansdo emol esou erweisen, datt e vergiess huet op de Knäppchen ze drécken, wa meng Riedezäit erriwwer war. Ech wëll versprechen, datt ech haut net wëll vun där Frëndschaft abuséieren an dat nach eng Kéier maachen.

Op jidde Fall, dem Jean Spautz soen ech och merci fir alles dat wat hie geleescht huet. Hien ass mat der Politik hei am Land ganz enk verbonnen, mä hie geet hir jo awer och net verluer. E bleift hir nach erhalen a mir wëssen alleguer, d'Politik dat war, dat ass an dat wäert och e wesentlechen Deel vu sengem Liewe bliwwen. Mä dat wäert jo a kuerzer Zäit nach e bësse méi am Detail a gebührend hei gesot ginn. Entschëllegt deen Exkurs do. Ech mengen e war néideg a richtig an ech wëll dann elo zum Projet kommen.

■ Une voix.- Dir sollt och fei sinn.

■ Plusieurs voix.- Ooohhh!

■ M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Neen. Ech sinn haut ganz fein, ech sinn haut ganz fein!

**(Interruptions)**

De Mars Di Bartolomeo ass och fei mat mir. Ech sinn dann och ganz fei mat him.

■ Une voix.- Ech mengen, dat hält awer net laang un.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech hu guer näischt gesot.

**(Hilarité)**

■ M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Dat Wesentlecht ass hei gesot ginn. De Rapporteur huet dat am Detail gemaach, d'Virriedner och. De Rapporteur kennt jo och vum Fach. Hien huet dat mat vill Engagement a Léift gemaach. Merci fir dee gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Vläicht just e puer Akzenter wëll ech hei nach ervirsträichen. Éischens emol ass drop higewise ginn, datt mer am Commerce an Zukunft wëlle versiche Wäert ze leeën op d'Cours de gestion, datt deen, deen de Betrib iwwerhëlt, och de Betrib soll féiere kënnen, fir eben am Virfeld Failliten an denen éischte Joren ze vermeiden. D'Kenntnisser an der Mercéologie solle fir d'Néierloossung do manner Wichtegkeet kréien. Dat wëllt awer net heeschen, datt gewësse Kenntnisser, déi vun anere Gesetzter hier néideg sinn, wéi HACCP an esou Saachen, net awer mussen an Zukunft nach gefuerdert sinn an datt deen Eenzelnen dat och muss kennen.

D'Liewensméttelsécherheet ass zum Beispill ëmmer méi e groussen a wichtege Problem ginn, an deen, deen e Geschäft wëllt opmaachen an deem Secteur, muss natierlech och do Kenntnisser hunn. Fir d'Grande-surfaces ass gesot ginn, datt mer versicht hunn do eng gewëssen administrativ Erlichterung ze kréien, wa se eng kleng Extenssioun maachen, datt se net ëmmer mussen eng grouss Etude de marché maachen.

Mir hu versicht - an doriwwer ass nu laang geschwat ginn - fir och e klengen Effort ze maache fir d'Cabareten, d'Peepshowen, d'Spectacles érotiques...

■ Plusieurs voix.- Aaaahhh!

■ M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- ...an déi Butteker do e bësse méi transparent ze maachen, deenen d'Liewen, ech wëll net soen e bësse méi schwierig ze maachen, mä awer éischters emol ze froen, datt se eng spezifesch Autorisatioun kréien.

Dat heescht an Zukunft ass et net méi esou wéi et an der Vergaangenheet de Fall war, datt ee ka free fir en Débit de boissons opzemaachen an dann doranner e Cabaret mécht. Dat geet net méi. Wann ee wëllt e Cabaret opmaachen, da kritt een eng Autorisatioun wou dropsteet: Dee géréiert e Cabaret. Oder wann ee wëllt Spectacles érotiques maachen, da kennt op d'Autorisatioun stoen: Deen do kann an därer e Spectacle érotique maachen. Wann dat net op der Autorisatioun steet, därer hien dat an Zukunft net méi maachen. Dat heescht et gëtt eng spezifesch Autorisatioun fir all déi Saachen do. Wann also ee kontrolléiere kennt an esou e Cabaret huet dat net op senger Autorisatioun stoen, dann ass en am Feeler.

Déi zweet Neierung dobäi ass, datt d'Gemenge mussen iwwert d'Opmaache vun esou Etablissementer informéiert ginn, an dat ass dee kleng Kuch, dee mer da gebak hu mam Renée zesummen. Ech mengen et ass och wichtig a richtig, datt d'Gemenge wëssen, hei kennt elo e Cabaret an déi Uertschaft, an datt d'Gemeng da kann eben dozou hir Aktioun starten, wéi de Jos Scheuer dat gesot huet. Ech hat zwar gemengt, et wier heiansdo och fir de Mëttelstandsminister net onwichtig, datt hien am Virfeld Kenntnis hätt ob Problemer do an der Gemeng sinn oder net. Ech ka jo ëmmer deen Avis nach afroen. Ech mengen ech wäert dat och maachen. Op jidde Fall gëtt d'Gemeng informéiert wann esou eppes an hirer Gemeng opgemaach gëtt.

**(Interruptions)**

■ Une voix.- Ass dat an Zukunft?

■ M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Dat ass an Zukunft, wann dëst Gesetz gestëmmt ass, esou, jo.

**(Interruptions)**

■ Une voix.- Très bien. Dat ass eng ganz gutt Saach.

■ M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Jo. Dann ass hei begréisst gi vu jiddferengem, dat geet jo och an de Kader vun der Wunnengsbaupolitik, datt mer versichen, datt déijeeng, déi Agent immobilier oder Baupromoteur, déi Administrateur de biens oder Syndic de copropriété wëlle sinn, solle méi strengen Oplagen ënnerworf ginn. Dat ass eng Aktivitéit, déi wichtig ass, déi och mat vill Gelder heiansdo ëmgeet, an dofir hu mer gemengt et misst eng méi héich Qualifikatioun erfuerdert a verlaangt gi fir déi Beruffer. Si missten eng berufflech Versécherung ofschleissen an och eng Garantie d'ordre financier virleeën.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Doriwwer ass nu laang geschwat ginn an et ass allgemeng begréisst ginn. Mir hunn och Exceptionne virgesinn, wéi den Här Henckes dat gesot huet fir Propriétaire vu klengen Immeublen, déi net aus beruffleche Grënn wëlle Syndic spillen, mä datt déi, déi héchstens néng Appartementer géréieren, net ënner dës Bestëmmunge falen.

Wat d'Artisanat ubelaangt, do bleift d'Meeschterprüfung d'Viraussetzung fir kënnen e Betrib an engem Haaptberuff opzemaachen. Do gëtt et eng ganz Rei vun Equivalenzen. Dir wësst, datt mer och Métier-secondaire geschafen hu scho méi laang. Wat elo am Fong net esou diskutéiert ginn ass, mä wat parallel zu dësem Gesetz awer ganz wichteg ass, dat ass, datt iwwer Règlement grand-ducal d'Lescht vun de Beruffer an och de Champ d'application vun de Beruffer wäit gehendst nei gestalt gëtt.

Do gëtt et eng Rei vun Zesummeleeunge vu Beruffer. Zum Beispill den Heizungsinstallateur an de Sanitärinstallateur, dat gëtt ee Beruff. Da kann also dee vill méi Aarbechte maachen. Et ass dat wat jo vum Client gefrot gëtt. D'Ausländer kënnen dat och maachen. Dofir gëtt doduerch och eist Handwierk méi kompetitiv. Mir leeën och aner Beruffer zesummen, wéi zum Beispill de Coiffeur, wou et nëmme méi ee Beruff Coiffeur gëtt, net méi en Härren- an en Dammecoiffeur.

Ëmgedréint versiche mer och eng Rei vun neie Métieren ze schafen oder Métieren, déi bis elo secondaire Matière waren, als Métier principal anzeklasséieren. Wéi zum Beispill den Esthéticien, d'Esthéticienne, déi awer wichteg Aufgaben ze erfëllen hunn.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Mir mengen, datt och dat e Complément ass zu dësem Gesetz an d'Kompetitivitéit vun de klengen a mëttelstännegen Handwerksbetriber wäert stäerken.

Wat elo d'liberal Beruffer ubelaangt, wëll ech ganz kuerz sinn. Den Expert-comptable hate mer schonn eng Kéier définéiert. Hei gëtt just nach eng Kéier präziséiert, datt de Stage vun dräi Joer, dee virgeschriwwen ass, op d'mannst muss ee Joer bei engem Expert-comptable indépendant stattfannen, an datt mer och eis d'Méiglechkeet gi fir en Test d'aptitude ze verlaangen. Dat ass besonnesch fir auslännesch Experts-comptables, wann déi sech wëllen hei am Land néierloossen, datt se op d'mannst Kenntnis hu vun der Lëtzeburger Gesetzgebung.

Dann ass begréisst ginn, datt mer och nei Beruffer définéiert hunn, deelweis souguer op Virschléi vun der Oppositioun. Den Architecte paysagiste, den Innenarchitekt, déi Beruffer ginn nei définéiert an och d'Qualifikatioun gëtt festgeluecht. Dann ass et wichtig, datt de Beruff vum Kontabel, dee bis elo nach net reglementéiert war, elo komplett nei reglementéiert gëtt. Mir hunn och do virgesinn fir en Test d'aptitude kënnen ze verlaangen an och méi eng héich Qualifikatioun, well d'Betriber mussen sech kënnen op hir Kontablen an hir Experts-comptables verlooosen. Dofir ass et wichtig, datt den Zougank zu béide Beruffer kloer ëmraass gëtt. Dat gëtt an dësem Gesetz gemaach.

Mir hunn eng Rei vu Simplification-administrativen agefouert. Et ass dovun geschwat gi bei Transferten: Et brauch een net eng nei Autorisatioun, et muss een einfach nëmmen dem Minister dat notifizéieren. En Artisan, deen eng Autorisatioun huet, därer dann och déi kommerziell Aktivitéiten, déi mat deem Beruff verbundene sinn, ausüben. Hien därer op Föiren a Marchéer goen ouni mussen nei Autorisatiounen ze kréien. Wéi gesot, et sinn eng Rei vun administrativen Erlichterungen do komm.



Wichtig ass och, datt mer versicht hunn Efforten ze maache fir d'Bekämpfung vun de Failliten. Ech sinn d'accord mat deenen, déi hei gesot hunn, datt dëst Gesetz net kann d'Problematik vun de Failliten, och Faillite-en-cascadé léisen...

**(Coups de cloche de la Présidence)**

..., mä datt dofir e speziaalt Gesetz muss gemaach ginn. De Justizminister Luc Frieden huet jo e Gesetz déposéiert, wat natierlech nach muss eng Kéier am Fong duerchdiskutéiert ginn, well do eng Rei vun Awänn komm sinn, souwuel vum Statsrot wéi och vun der zoustänneger Chamberkommission. Mä ech mengen dat do ass e Gesetz wat eng Rei vu Saache soll reglementéiere fir d'Failliten ze bekämpfen. Mir hunn hei e puer preventiv Akzenter gesat wéi Coursen a Betriebsführung, déi musse gemaach ginn, fir kënnen e Betrib opzemaachen.

Dann och, datt wann een a Faillite geet, d'Autorisatioun automatesch verluer ass. Et muss een also eng nei ufroen. Dann examinéiere mer nach eng Kéier d'Honorabilitéit. D'Honorabilitéit gëtt méi streng gehandhaabt. Si gëtt ausgedehnt bei Gesellschaften och op deen, deen d'Majoritéit vun de Part-socialen huet, op all déi, déi eng signifikativ Influenz op de Fonctionnement vum Betrib kënnen ausüben.

Dann hu mer och versicht fir Efforten ze maache fir Bréifkëschtfirmen ze bekämpfen, deenen d'Liewe méi schwéier ze maachen, par analogie zu deem wat mer scho virun e puer Joer gemaach hunn am Gesetz iwwert d'Transporteurs par route. Och hei musse Betriber, déi wëllen opmaachen, e Siège d'exploitation fixe hunn, dee muss der Gréisst vun den Aktivitéiten an der Natur vun den Aktivitéiten entsprechen. Et muss eng Infrastructure opérationnelle geschaf ginn. Et muss den Exercice effectif et permanent vun den Aktivitéite do stattfannen. An och mussen déi Dokumenter, déi néideg si fir d'Aktivitéiten, an deem Siège do virleien.

An, wat mer och nach verlaangt hunn, wou mer iwwregens laang driwwer diskutéiert hunn an der Kommission, dat ass eng kontinuierlech Presenz vun enger Persoun, déi autoriséiert ass fir de Betrib ze engagéiere vis-à-vis vun Drëtten. Ech mengen, dat ass wichtig, an esou kréie mer déi Problematik vun de Bréifkëschtfirmen besser an de Grëff. Mir wëllen hei am Land, ech hunn et schonn e puermol gesot, keng Betriber, déi nëmmen hiheinner kommen, fir vun eise soziale Gesetzgebungen ze profitéieren an déi keng reell Aktivitéiten hei am Land wëlle maachen.

Duerch dëst Gesetz...

**(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)**

M. le Président.- Ech fannen, dat ass e bësse staark dat hei. De Minister beméit sech hei op all Froen ze änneren, d'Gesetz ze explizéieren, an do ginn Zwiesgesprécher gefouert, grad wéi wann een an engem Bistro géif sëtzen. Also, ech fannen dat e bëssen indigne fir déi lescht Sitzung, wou mer hei sinn a wou mer nach esou e wichtegt Gesetz maachen, fir net deen Anstand opzebréngen, fir engem roueg nozelauschteren. An Dir sidd alleguerter selwer Politiker an Dir sidd och alleguerter selwer nervös, wann Dir mol eng Ried haalt a Leit dorëmmer Zwiesgesprécher féiere währenddeems Dir eng Ried haalt.

Also folglech, ech mengen, dat wat Dir fir lech erwaart, dat soll een och deem aneren hei an dësem Parlament, dem Minister entgéintbréngen, déi Opmierksaamkeet, fir dass jiddfereen iwwert dat, wat mer elo sollen ofstëmmen, genau am Bild ass a weess, ëm wat dass et eigentlech geet.

Här Minister, fuert elo virun.

**(Interruptions diverses)**

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Ech hunn nach fir eng Minutt.

M. le Président.- De Minister huet nach fir eng Minutt. Hie wier scho laang fäerdeg, wann Dir net dauernd ëmmer géint dertëschent funken an Är Gesprécher féieren.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Mir wëllen och versichen de sou genannte Stréimänner d'Liewe sauer ze maachen. Den Titulaire vun enger Autorisatioun...

**(Brouhaha général)**

..., dee muss d'Aktivitéit, déi autoriséiert ass, de manière effective ausüben. Dat heescht, hie muss perséinlech a regelméisseg d'Gesatioun oder d'deeglech Direktioun vum Betrib maachen.

Mir hunn och festgehal, datt d'Gerichter am Fall, wou dergéint verstouss gëtt, verbidde kënnen, datt déi Persoun nach weider de Beruff ausübt, a si kënnen och de Betrib zoumaachen. Mir hunn also eng ganz Rei vu contrainquanté Moossnamen an och vu penale Strofe virgesinn, fir déijéineg, déi sech als Stréimann hierginn, fir dass eben iwwer en Émwee e Betrib ka gefouert ginn.

Voilà, ech wëll domadder schléissen, lech merci soen, datt Dir dësem Gesetz Är breet Zoustëmmung gitt, datt dëst Gesetz eestëmmeg gestëmmt gëtt. Ech géif dann ofschléissend jiddferengem heibannen deen Erfolleg bei de Wahle vum 13. Juni wënschen, deen e verdéngt.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Discussion générale ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 7 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojekt.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Théo Stendebach);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Jeannot Belling), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par Mme Maggy Nagel), Marco Schroell et John Schummer;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jean Asselborn) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M.*

*Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagner.*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Da wier domadden dee Punkt ofgeschloss an da kéime mer zrëck op dee Punkt vun deem mer de Mëtteg aganks Rieds haten, iwwert déi Resolutioun, déi entre-temps iwwerschaft ginn ass.

Den Här Lucien Weiler freet d'Wuert dozou.

**4. Résolution modifiée de M. Jeannot Krecké relative à l'organisation de la Cour des Comptes (suite)**

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn de Mëtteg scho laang diskutéiert iwwert déi Resolutioun hei. Ech hat gesot, dass ech gäre gehat hätt fir meng Fraktioun, dass déi Resolutioun, esou wéi mer se virgeluecht haten, zum Vote géif kommen. Dat huet jo awer anscheinend an op Drock vu verschidde Gemengepolitikker hei net kënne sinn.

Et deet mir Leed fir déi Aarbecht, déi an der Budgetkontrollkommission ënnert dem Virsëtz vum Här Krecké elo während laange Jore gemaach ginn ass, a gutt gemaach ginn ass. Hien huet de maassgeblechen Undeel drun. Et deet mir Leed, datt déi Aarbecht elo am leschte Moment hei e bësselchen torpedéiert gëtt. Dat fannen ech net ganz korrekt.

Ech hätt dat gäre gehat, datt mir dat, wat mir arrétéiert haten, wou mer eis eens waren, ofgestëmmt hätten. Ech wier sécher gewiescht, datt déi Resolutioun hei eng Majoritéit an dëser Chamber fonnt hätt.

Elo géif ech déi bieten, déi esou virdru sech, och esouguer a menger Fraktioun, esou haart zu Wuert gemellt haten, wat den Text ubelaangt: Elo hu mer hei en Alinéa baigesat, wou mer soen „de réfléchir sur un contrôle des finances communales“.

Jo, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass ganz schéin, mä Dir musst eng Resolutioun ganz liesen. Et geet net nëmmen, fir do ze mengen, wa mer eppes bäiflécken oder eppes ewechloossen. Et ass nämlech esou, wa mer den éischten Alinéa, dee proposéiert hei ass, gestëmmt hunn, dann ass sech näischt méi ze iwweleen, dann hu mir de Contrôle vun de Finances communales duerch d'Cour des Comptes. An der éischter Proposition, déi gemaach gëtt, wou mer gesot hunn, mir entaméieren d'Prozedur elo, fir hei d'Gesetz iwwert d'Cour des Comptes ëmzeänneren, do schreiw mer dran: „La Cour des Comptes est habilitée à contrôler la gestion financière des autres personnes morales de droit public.“ An eng Gemeng ass eng Personne morale de droit public. An der Verfassung ass et geschriwwen. D'Doctrine ass einschlägig.

Also, wa mer dat dote stëmmen, Här President, dann ass de ganzen anere Rescht superfétatoire. Dofir, well dat esou ass, proposéieren ech déi modifizéiert Resolutioun, déi den Här Krecké hei proposéiert, selbstverständlech eestëmmeg heibannen ze stëmmen.

Et ass nämlech just dat, wat mer gäre gehat hätten, wat gewünscht ass. Dofir géing ech d'Chamber och bieten e breeden a wa méiglech unanimen Accord zu där Proposition vum Här Krecké hei ze bréngen, deen iwwregens...

**(Interruption)**

...- ech wëll dat nach eng Kéier hei ënnersträichen -, den Här Krecké, deen an där Kommission bei allem Sträit, dee mer heiansdo hatten, virbildlech a korrekt Aarbecht och vis-à-vis vun de Majoritéitspartei geleescht huet. Dat war zolidd an anstänneg Aarbecht. Déi Resolutioun hei ass datselwecht, an ech géif d'Chamber bieten, vläicht fir dee leschte Vote, dee mer an dëser Legislaturperiod ze maachen hunn, en unanimité Vote hei ofzegi fir déi Aarbecht, déi mer ënnert dem Virsëtz vun eiem President gemaach hunn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, den Här Paul Helminger hat d'Wuert gefrot. Den Här Helminger huet d'Wuert.

M. Paul Helminger (DP).- Här President, den Här Weiler huet an engem Sënn Recht. Wa mer virdru Schwierigkeeten haten, eng Rei vun eis, ech mengen, dat war op alle Bänken esou, dann ass et ebe just wéinst deem, wat hei elo redeterminéiert géing gi fir d'Kontroll vun de Gemengen.

Mir sinn eis allegueren eens, datt mer éischstens dem Innenminister seng Kompetenzen net sollen untaaschten. Mir sinn eis och allegueren eens, dass d'Finanze vun de Gemenge solle seriö kontrolléiert ginn, a mir sinn och allegueren eens, fir driwwer nozedanken, duerch wien a wéi an a wat fir enger Form eventuell zousätzlech zu deem, wat den Innenminister mécht, dat nach soll gemaach ginn. Mä mir sinn, mengen ech, - jiddéfalls déi, déi hei Gemengeverantwortung droen - net domat d'accord, datt mer elo an engem Text préjugéieren, duerch wien dat a wéi dat ze geschéien huet.

Iwwert déi Notioun, ob d'Gemenge eng Personne morale de droit public sinn oder net, do, mengen ech, kann ee laang diskutéieren, an d'Zäit feelt eis sécherlech fir dat den Owend ze maachen. Duerfir fir alles, fir déi Saach kloer ze maachen, datt mer awer hei déi Saache mat de Gemengen eis nach eng Kéier iwwerleeën, géing ech virschloen, datt mer déi Resolutioun an deem Sënn zousätzlech änneren, datt mer dat, wat d'Gemenge ubelaangt, hannendru setzen, an datt mer en extrae Punkt setzen en fin vun där Resolutioun, wou mer géingen en fait soen: „En ce qui concerne les communes“ - an dann dee Punkt 3, dee wichtig ass – „vu la nécessité de sauvegarder les compétences du Ministre de l'Intérieur...“ - an esou weider – „...la Chambre décide de réfléchir sur un contrôle des finances communales dont la nature et l'étendue devraient être calquées sur les attributions actuelles de la Cour des Comptes.“

Da wier et kloer. Dann hu mer e kloren Text iwwert dat, wou effektiv an der Kommission Eenegkeet war, dat heescht d'Établissements publics et autres personnes morales de droit public, a mir hu grad esou kloer gesot, datt mer eis déi Saach mat de Gemengen nach eng Kéier géingen iwwerleeën.

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler freet nach eng Kéier d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV).- Jo, Här President, ech hu guer kee Problem fir mat där Proposition, déi den Här Helminger hei gemaach huet, ze liewen. Mir kënnen dat ouni Problem bäisetzen. Et changéiert näischt un der Problematik, déi ech virdru geschildert hunn.

Fir déi, déi wëllen drun zweiwelen, Dir kennt jo allegueren de Pierre Majerus, eminenten Auteur hei zu Lëtzebuerg, dee ganz kloer seet: „Enfin la commune est une personne morale de droit public, c'est-à-dire elle possède et gère un patrimoine propre“ an esou weider, „personne morale de droit public“, esou datt dat, wat ech vidru beschriwwen hunn, selbstverständlech bei alle Modifikatiounen, déi mer nach hannenunhänken, ëmmer erëm de Fall ass.

Voilà, mä ech sinn awer ganz d'accord. Mir kënnen ofstëmmen iwwert deen Text, och modifizéiert, esou wéi den Här Helminger e proposéiert.

**(Brouhaha général)**

M. le Président.- Den Här Rippinger freet och nach d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech si frou, datt mer allegueren d'Kéier kritt hunn...

**(Hilarité)**

...an ech wollt am Numm vun eiem Grupp dem Här Krecké villmools merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi e während där ganzer Legislaturperiod an där Kommission gemaach huet. Mëttlerweil ass dat eng ganz wichtig Kommission ginn, an deen, deen déi d'nächste Kéier muss iwwerhuelen, muss dann op d'mannst déiselwecht Kompetenz hunn.

Une voix.- Très bien.

Une autre voix.- Dat gëtt awer schwéier!

M. le Président.- Den Här Ben Fayot an dann den Här Urbany.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wollt selbstverständlech och als Member vun der Kontrollkommission dem President merci soe fir seng Aarbecht, vu dass dat jo elo scho vun anere Fraktiounen och gemaach ginn ass.

Et war net ëmmer eng einfach Aarbecht, déi en hat, besonnesch och vis-à-vis vun der Majoritéit a vis-à-vis vun der Regierung, well et ass jo fir d'éischt an der Geschicht vun onsem Parlament, et ass jo déi éischte Kéier wou déi Kommission do bestanen huet, wou esou eng intensiv Kontroll vun de Finanzen geschitt ass, an dat ass och zum groussen Deel de Mérite vum Jeannot Krecké, deem ech hei wëll félicitéiere fir déi fënnf Joer laang Aarbecht, déi en an där Kommission gemaach huet. Och natierlech all deenen anere Memberen, déi vun der Majoritéit an déi vun der Opposition, qui ont joué le jeu.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Bausch freet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRENG).- Här President, ech wollt mech de Wieder vum Här Fayot uschléissen a soen, datt meng Fraktioun dann och déi Resolutioun stëmmt.

M. le Président.- Den Här Urbany freet och nach d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Här President, ech wollt dat bestätegen, wat ech virdru gesot hunn. Et gëtt op jidde Fall hei kee Vote unanime, dat steet scho fest. Ech stëmme géint déi Resolutioun hei, well déi bedeit en fin de compte, dass all Établissement public, dass de Secteur communal finalement och, dass d'Sécurité sociale zum Beispill ënnert de Contrôle fält, mat Ausnahm vum Secteur industriel et commercial ze dinn hunn, dat heescht d'Post, dat heescht d'Spuerkeess, dat heescht d'SNCI, dat heescht déi, déi Suen un d'Entreprisë verdeelen, zum Beispill. All kleng Veräin, dee Sue vum Stat kritt, fält ënnert de